

## Ordre du jour

1. Institution et composition de la commission spéciale «Réorganisation territoriale du Luxembourg»
2. Dépôt d'une proposition de loi
3. 5370 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la transformation et à l'extension de la maison de soins St Joseph à Pétange
4. 5372 - Projet de loi portant modification de la loi du 20 décembre 2002 autorisant la participation de l'État à la construction par la Commune de Mamer d'un Centre Intégré pour Personnes Âgées à Mamer
5. 5369 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre intégré pour personnes âgées à Junglinster  
(*Rapports de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse - Discussion générale - Votes et dispenses du second vote constitutionnel - Motion*)
6. 5413 - Projet de loi relative à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'une salle de concert à Luxembourg-Kirchberg  
(*Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. François Biltgen et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

## 1. Institution et composition de la commission spéciale «Réorganisation territoriale du Luxembourg»

D'Chamber huet an enger Résolution festgehalten, datt eng nei Spezialkommission agesat gëtt, déi den Numm „Commission spéciale réorganisation territoriale du Luxembourg“ droe soll.

Wat hir Zesummesetzung ubelaangt si folgend Virschléi agaan:

Fir d'CSV-Fraktioun, déi Häre Michel Wolter, Lucien Clement, Marco Schank a Paul-Henri Meyers,

fir d'LSAP-Fraktioun, d'Madame Lydia Mutsch an déi Hären Alex Bodry a Jean-Pierre Klein,

fir d'DP-Fraktioun, déi Häre Claude Meisch an Emile Calmes,

fir d'Fraktioun vun deene Gréngen, den Här Camille Gira,

fir d'Fraktioun vum ADR, den Här Gast Gibéryen.

Ass d'Chamber mat der Bezeechung a mat der Zesummesetzung vun dëser neier Spezialkommission averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat also esou décidéiert.

Den Här Braz freet d'Wuert fir den Dépôt vun enger Proposition de loi, wann ech richteg informéiert sinn. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

## 2. Dépôt d'une proposition de loi

M. Felix Braz (DÉI GRÉNG).- Här President, ech froen d'Wuert fir den Dépôt ze maache vun enger Proposition de loi:

- Proposition de loi 5433 relative à la modification de l'article 29 de la loi du 29 juin 2004 portant sur les transports publics

Den 19. Mee 2004, also kuerz virun der Parlamentswale vum 13. Juni, ass hei am Parlament e Gesetzesvorschlag vun der Regierung ge-

stëmmt ginn zum Thema Transports publics. En ass agereecht gi vum deemolegen Transportminister Henri Grethen.

Une voix.- Très bien.

M. Felix Braz (DÉI GRÉNG).- An dat Gesetz gesäit a sengem Artikel 29 vir, dass et den 1. Januar 2005 a Kraaft trëtt, wat domadder zënter méi wéi zwou Woche geschitt ass. Dat Gesetz huet awer och virgesinn, dass eng ganz Partie Exekutiounsinstrumenter an och aner Décisioune musse geholl ginn, déi awer allesamt nach net geholl gi sinn.

Mir sinn also elo an der Situatioun, dass mer e Gesetz en vigueur hunn, wat um Pabeier besteet, awer vill méi net, wat awer gläichzäiteg déi al Strukturen, déi funktionéiert hunn, domadder de fait abrogéiert huet. Mir hunn also an zwéi Wieder ausgedréckt e Vide juridique an där dote Matière.

D'Regierung huet an der Regierungserklärung dozou gesot, si wëllt dee Punkt nach eng kéier op de Métier huelen an d'Gesetz ofänneren. Dat ass och vum Transportminister an der leschter Transportkommission ugeschnidde ginn, a mir hu gestaunt, wéi de Minister gesot huet, dass e verschidde Méiglechkeete gepréift hätt, an dass se wëllten elo d'Gesetz, au fur et à mesure emol mat der Benennung vum Conseil d'administration lues a lues an d'Liewe ruffen, an da géing ee weiderkucken. Dat ass fir eis awer eng Method, déi absolut onhaltbar ass.

D'Gesetz ass eiser Meinung no reformbedürftig. Dat hu mer och den 19. Mee scho gesot. A mir wëllen och dofir eng Gesetzesproposition déposéiere mat folgendem Inhalt: Mir proposéieren den Artikel 29 vum Gesetz vum 29. Juni 2004 dahingehend ze änneren, dass d'Entrée en vigueur net op den 1. Januar 2005 ass, mä eréischt op den 1. Januar 2007. Soss hu mer eng intenabel Situatioun, an déi ass politesch net vertrieubar.

M. le Président.- Merci, Här Braz. Déi Proposition de loi gëtt un déi zoustänneg Chamberkommission weidergeleet.

Mir kommen elo zur Diskussioun vun de Projets de loi 5370, 5372 an 5369 iwwert d'Alters- a Fleegeheimer vu Péiteng, Mamer a Jonglënster. D'Madame Familljeminister Jacobs huet gefrot fir kënnen direkt zu deene Projeten ze schwätzen,

well si muss weinst engem dréngenden Imprévu Véirel bis dräi fortgoen, an dofir denken ech, si mer alleguerten d'accord, dass mer hir d'Geleeënheet gi fir kuerz op déi eenzel Projeten anzegoen, déi dann duerno vun de Rapporteurs am Detail virgestallt ginn. Ech gesinn d'Chamber ass domadder d'accord an dofir, Madame Familljeminister, hutt Dir direkt d'Wuert zu deenen dräi Projeten.

## 3. 5370 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la transformation et à l'extension de la maison de soins St Joseph à Pétange

## 4. 5372 - Projet de loi portant modification de la loi du 20 décembre 2002 autorisant la participation de l'État à la construction par la Commune de Mamer d'un Centre Intégré pour Personnes Âgées à Mamer

## 5. 5369 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre intégré pour personnes âgées à Junglinster

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Här President, ech géing lech wëlle Merci soen an och de Membere vun der Chamber, dass ech direkt kann e puer Wuert soen zu deene verschiddene Projeten, besonnesch awer och de Rapportrices, wou ech dann net méi d'Geleeënheet hu fir nozelauschteren, mä leider kommen heiansdo Saache vir, déi een net geplangt hat a wou een dann awer net d'Méiglechkeet huet fir dat ze änneren.

De Kolleeg Fränz Biltgen wäert heihinner kommen an déi Doléancen an déi Wënsch, déi opstoe bleiwen, matbréngen oder esou wäit wéi e se ka beäntwerten, direkt beäntwerten, fir dass d'Deputéierten, déi dozou Stellung huelen, och hir Äntwerte kréien, déi se verdéngen.

Här President, mir haten an der leschter Zäit méi dacks hei Projeten, wou et iwwer Maisons de soins an iwwer Centres intégrés gaangen ass. Dofir wëll ech weder de Rapportrices d'Korinthercher aus dem Kuch eraushuelen, nach wëll ech ufänken dat nach eng kéier alles ze erklären.

Ech sinn trotzdem frou, dass mer déi dräi Projeten haut hei kënnen stëmmen. Eng kéier dee vu Péiteng, wou et awer ëm 67 nei Better geet, an en Embau vun deem bestehenden Haus, mat enger Käschtebedeelegung vum Stat vun 13.560.000 Euro, wou de Stat mat 70% participéiert a wou duerno wäerten am Ganzen 143 Better sinn.

En neie Projet zu Jonglënster mat 100 Better, wou de Stat zu 80% participéiert a 17.916.000 Euro bailed, an da méi e klengen, oder loosst mer emol soen, e complémentairé Projet zu Mamer, wou doduerch, dass de Gestionnaire dat décidéiert huet a besser fonnt huet, 18 nei Better an 12 neien Zëmmere geschafe ginn.

A wann ee geschter déi geschriewe Chamberchronik gutt gelies hätt, dann hätt ee kënnen mengen, et géif do ëm e Projet goe vum 23 Milliounen Euro, a wann een da gesinn huet, dass deen anere mat

100 an deen anere mat 143 Better, deen ee 17 Milliounen, deen aneren 13, dann huet een iergendwou geduecht, do muss eppes an der Rechnung net stëmmen. Et wor awer net de Chroniker, dee sech geiert hat, mä et ass einfach den Ajout zu deem wat ewell eng kéier gestëmmt gouf an deem Gesetz, esou dass et haut am Fong ëm 2.684.000 Euro geet, no dem neien Index.

Wéi gesot, déi zwéi gréisser Projeten, wat Péiteng a Jonglënster ubelaangt, sinn no deenen neien Erkenntnisser, déi mer an der Geriatrie an an der Gerontologie an deene leschte Jore gewonnen hunn, mat eenzelnen Zëmmeren, mat Revalidatioun dran, a virun allem och, wat ech denke wat wichtig ass, mat Jardins thérapeutiques dobäi, esou wéi mer se bei deene leschten Haiser ëmmer probéiert hunn ze maachen, fir besonnesch och méi deene Leit Rechnung ze droen, déi eben an Altersdemenz leiden an domadder besser kënnen en charge geholl ginn, esou gutt a wéi ausser den Haiser, a fir domat ze suergen, dass se manner Stress kréien.

Doduerch dass se manner Stress hunn, kënnen se besser mat hirer Krankheet eens ginn, an ech denken, dass et fir si wichteg ass, mä awer och fir hir Familljen, dass se wëssen, dass hir Leit net nëmmen a schéinen Haiser sinn, mä dass se awer och déi beschte Fleeg kënnen kréien.

Här President, ech hat déi leschte kéier, wéi mer hei iwwer esou Projeten diskutéiert hunn, den Deputéierte versprach, dass ech hinne géing Kaarte matbréngen an och Zëmmerzuelen, déi mer mëtlerweil am Lëtzebuerger Land hunn, wat eng kéier d'Maisons de soins ubelaangt an eng kéier d'Centres intégrés an ech géing mer erluben lech déi ze iwwerreechen, fir dass dat och ka publizéiert ginn, fir dass jidderee weess, dass mer net nëmmen am Norden Alters- a Fleegeheimer bauen, mä dass mer probéieren dat iwwert d'ganzt Lëtzebuerger Land ze maachen.

Heiansdo gëtt jo gemengt, dat hätt eppes domat ze dinn, wou de Minister géing hierkommen. Ech mengen, wann Der déi Kaart gesitt a wann Der och déi Projeten héiert, deen een zu Jonglënster, deen aneren zu Péiteng, deen aneren zu Mamer, dann ass dat sécher net verdächtig.

Ech géing just wëlle soen, dass mer de Moment 3.570 bestehend Better an de Centres intégrés hunn, dass mer 1.057 Zëmmeren amgaange sinn, oder Better amgaange sinn ze transforméieren an och auszedehnen, an dass nach 648 Better an der Planung sinn, wat d'Centres intégrés ubelaangt.

Bei de Maisons de soins hu mer 1.265 bestehender, 327, déi an der Transformatioun an an der Extension sinn, an 120, déi an der Planung sinn, wat dann e Gesamt mécht vun 1.485 Better. Wann ee weess, dass Leit, déi méi altersfleegebedürftig ginn, awer kënnen an de Centres intégrés bleiwen, da weess een, dass dat och Iwwergang sinn, déi sech fleissend maachen, an dass mer dann op en Total vu 6.036 Better kommen, wann déi hei Projete bis realiséiert sinn, a wou mer dann europawäit un der Spëtzt leie mat Zëmmeren, déi zur Verfügung stinn.

Doriwwer gëtt et ënnerschiddlech Meinunge vun de Spezialisten, wou déi eng soen, wat der méi offéiert, wat eischter drop zrëckgegraff gëtt. Déi Leit, déi natierlech am Fall sinn, dass se net méi kënnen doheem bleiwen, well se selwer net méi dat kënnen maachen, oder well d'Famill net do ass an och net sech kann dorëm këmmen, déi gesinn dat selbstverständlech aneschtens an déi si frou, wa se net enorm laang Waardezäite mussen a Kaf huelen dee Moment

wou et dann néideg gëtt, wou dann ee vun de mussen an déi Haiser goen.

Här President, souwäit wéi ech dat an der Chamberskommission gesinn hunn, hate mer ëmmer Unanimitéit bei deene Projeten, well och jidderee vun der Noutwendegkeet vun esou engen Institutionen iwwerzeegt war. Mir wäerte selbstverständlech virufueren ze kucken, wat an deene Services, wat d'Aide à domicile ubelaangt, d'Liewe méi einfach mécht vun deene Leit, déi déi Hëllef brauchen, esougutt d'Familljen, wéi gesot, wéi déi Betraffe selwer, fir déi Hëllef virunzeentwëckelen, virun auszebauen an och vun deene Kenntnisser ze profitéieren, déi et am Ausland gëtt.

Dir hutt gesinn, dass zum Beispill de leschte Samschdeg zwou verschidden Institutionen en eistraischesche Präis kritt hu well se sech besonnesch ëm d'Betreiung vun de Leit këmmen, wéi dat eben och fréier war, fir hirem biologesche Liewen erëm méi gerecht ze ginn an dat méi opzebauen, am-plaz dass dat alles esou fonctionéiert wéi mir dat eigentlech haut gesinn, an domat de Leit och d'Méiglechkeet ze ginn, sech besser ze orientéieren an ze reorientéieren. Et ass also net alles wat mer nei mussen erfannen, mä villes geschitt och elo op anere Plazen, vun deem mer ouni Zweifel kënnen léieren.

Ech denken un eppes, wat mer bis haut nach net maachen, mä wat et awer schonn op der Welt gëtt. Zum Beispill hu se an der Schwäiz zu Zürich e Service, wou se bei d'Leit heem ginn an derfir suergen, dass se eppes an de Frigidären hunn. Dir sot vläicht: Majo Dir sidd geschwënn total verréckt fir dat och nach ze maachen. Firwat ass dat? Mä net aus Zäitverdreif an och net fir eppes fir d'Metzleren an d'Bäckeren ze maachen, mä well ee gemierkt huet, dass ganz dacks Leit, déi al sinn, entweder vergiesen akafen ze goen oder awer an esou enger Depressioun dra sinn, dass se dann net de Courage dofir hunn. A wa se da vläicht emol eppes géinge wëllen iessen ass iwwerhaapt emol näischt do. An do ass festgestallt ginn, dass ganz vill vun de Leit ënnerernährt sinn, wat jo awer eng Schan an eiser Zäit an op eise Plazen ass, esou dass ee feststellt, dass et eng Partie vu Saache gëtt, déi mer de Moment nach net hunn, mä déi ee sech awer fir d'Zukunft ka virstellen.

Dofir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, soen ech lech am Viraus villmools Merci fir Aert Verständnis op där enger Säit, an awer och op där anerer fir Är positiv Astellung vis-à-vis vun deenen Institutionen, vun deene Services, déi mer offéiere fir d'Leit vum drëten a véierten Alter, an ech sinn dovun iwwerzeegt, dass déi selwer an hir Familljen lech alleguerten dat wëssen ze danken.

Merci villmools.

M. le Président.- Merci, Madame Minister. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 5370, déi honorabel Madame Nancy Arendt. Madame Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Här Gibéryen, wollt Der d'Wuert froen?

Une voix.- Deen ass guer net hei.

M. le Président.- Här Jaerling, pardon.

(Négation)

Dann ass et gutt. Madame Arendt.

**Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse du projet de loi 5370**



Mme Nancy Arendt (CSV), *rapporteuse*. - Här President, léif Kolleegeen a Kolleeginnen, an dësem virleiende Projet gëtt de Stat autoriséiert, den Émbau an d'Extensioun vun der Maison de soins Saint-Joseph zu Péiteng mat ze finanzéieren. Et ass ee vu ville Bauprojekten, déi vun eiser Familljeministesch deponéiert goufen, fir eisen eelere Matbierger, déi net méi kennen an net méi wëllen eleng liewen, et ze erlazen hire leschte Liebensabschnitt an enger optimal encadréierter Struktur ze verbréngen.

D'Maison de soins vu Péiteng huet momentan eng Capacitéit vun nëmme 76 Better an hält souwuel Leit mat wéi ouni psychogeriatresch Problemer op. Dës Zesummeliewe vun dementen an net demente Leit ass net optimal an et ass een zur Konklusioun komm, dass ee strukturell Annerunge misst virhuelen a méi e spezifeschen Encadrement virun allem fir déi Leit, déi méi schlëmm dement sinn, misst ariichten.

Duerch den Émbau an d'Extensioun vun de Gebailechkeete soll och d'Capacitéit vun dëser Struktur erhéicht ginn, mä wéi scho virdru gesot soll sech virun allem an der Zukunft awer méi spezifesch op den Opfank vu Leit mat schwéiere psychogeriatresche Problemer konzentréiert ginn. Dat ass eng grouss Erausforderung fir déi Responsabel wéi och fir d'Fleegepersonal vun der Maison de soins vu Péiteng, déi sech bewusst sinn, dass den Opfank vun demente Leit trotzdem anescht muss organiséiert gi wéi dee vu Leit ouni sollech Problemer.

Zu Péiteng schafft och zënter September 2001 eng Fleegeéquipe un engem neie Konzept, speziell fir d'Prise en charge vun eelere Leit a virun allem fir d'Prise en charge vun eeleren demente Leit. An innerhalb vun der Maison de soins huet sech och säit Oktober 2002 eng multidisziplinär Aarbechtsgrupp zesumme gesat, eng Grupp, déi als Zil huet, d'Kenntnisser, déi se am Kader vu Weiterbildungsformatiounen a Form vu Coaching duerch en unerkannten Expert mat op de Wee krut, an d'Praxis ëmzesetzen. Dës ganze Projet dréit de schéinen Numm „Maison de vie“.

Duerch seng spezialiséiert Struktur kann elo de betraffene Leit eng méi individualiséiert therapeutesch, psychologesch a sozial Prise en charge ugebuede ginn, déi de Besoiné vun de Patienten an dem Verlaf vun hirer Krankheet ugepasst ass. Doriwwer eraus ass fonnt ginn, dass et wichteg wär eng familiär Atmosphär an dës Strukturen ze schafen, esou dass dës Leit, souwäit et ebe méiglech ass, en heemlecht Gefill vermittelt kréien. Den Encadrement vun de Pensionnaire soll sech och méiglechst de Gewunnechten a Fäegkeete vun de Pensionnairen upassen, an dat gëtt méi liicht wann d'Leit a méi kleng Unitéiten opgedeelt sinn ewéi a méi grouss.

An dës virleiende Projet entsprécht dës Fuerderungen honnertprozenteg. De Projet gesäit nämlech vir, fir d'Capacitéit vun der Maison de soins ëm 42 Better ze erhéijen, déi speziell fir d'Prise en charge vu Leit mat psychogeriatresche Problemer geduecht sinn. Dës 42 Better wäerten a sechs Unitéiten oder sechs Wunngruppen, wou maximal nëmme siwe Leit ënnerbruecht kënnen ginn, opgedeelt ginn. All Unitéit huet do hir eege Kiichen, e Séjour wou ee sech mat aneren treffe kann, eng Salle à manger, en Nuetscafé wann een net schlofe kann, a wat ech wierklech flott fannen, d'Madame Ministesch huet et schonn gewäert, ass deen therapeutesch Gaart, deen esou aménagéiert soll sinn, dass een dobannen an dobausse fräi zirkuléiere kann an dass ee sech praktesch net verléiere kann.

(Interruption)

Majo, ech mierken. Dat schéngt méi Intérêt hei ze erwecke wéi main therapeutesch Gaart, vun deem ech esou stolz sinn hei ze schwätzen.

All Wunngrupp befénnt sech op engem Niveau, wat d'Zirkuléieren dann och vereinfacht, well et kënnt een da gläiche Fousse an de Gaart ouni mussen eng Trap erop an erfzegen.

Et gëtt, wéi scho virdru gesot, probéiert e Maximum un Normalitéit an dat Konzept mat anzebauen an d'Gebailechkeeten esou anzerichten, dass se un eng normal Wunsituatioun erënneren. An ee vun den Hauptpunkte vum architektonesche Konzept ass deen, dass déi eenzel Gruppen also keng Gäng, keng Couloiren opweisen, fir dass näischt un e Klinikmilieu erënnert. Esou kann een de Stress op all Eenzelnen op e Minimum reduzéieren an et vermëttelt een e Gefill vu Sécherheet, wat dann och als Konsequenz huet, dass ee manner Medikamenter, also manner Psychopharmaka muss huelen.

Nieft de sechs Unitéiten, déi sech op den Accueil vun de Leit mat psychogeriatresche Problemer konzentréieren, sinn dann och nach 40 Better virgesinn um Niveau vum Centre intégré fir eeler Leit, déi nëmme liicht- oder mëttelschwéier fleegebedürfteg sinn. Dës Better sinn och fir d'Revalidation gérontologique virgesinn, wou och esou Servicer wéi Ergotherapie a Kinésithérapie weider dévelloppéiert solle ginn, mam Zil, de physischen a geeschtegen Zustand vun de Patienten esou laang wéi méiglech ze erhalen. Dobäi kommen nach 15 Duebelzëmmer, déi a méi grouss a confortabel Einzelzëmmer ëmdisponéiert ginn, an zwee Zëmmer, déi virgesi si fir de Familljemembere vun de Pensionnairen, déi um Stierwe leien, ze erlabe beim Stierwenden ze bleiwen.

Am Ganze wäert d'Capacitéit - d'Madame Ministesch huet et virdru gesot - vu Péiteng also 143 Better bedroen, an hei hat de Statsrot och eng Fro opgeworf, well an der Konventioun tëschent dem Stat, dem Familljeministère, dem Finanzministère an der Congrégation des Sœurs du Tiers Ordre Régulier de Notre Dame du Mont Carmel S.A., oder vläicht besser bekannt ënnert dem Numm Zithaschwëstere, vum 16. Februar nëmme vun 140 Better geschwat gouf. De Familljeministère huet do clarifiéiert, dass am ganze Projet och dräi Zëmmer fir den Hébergement vun de Schwëstere virgesinn a reservéiert sinn, déi dann och vun hinne selwer finanzéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net oninteressant ze wëssen, dass ronn 40% vun de Leit, déi d'Fleegeversécherung an Usproch huelen, un Demenz oder anere Verhalensstéierunge leiden. Wann een da weess, dass dës Pathologie relativ fréi optauchen, esou géint 65 Joer, an dass et am Moment nach net méiglech ass dës Krankheeten ze heelen, da stellt ee ganz schnell fest, wéi wichteg et ass esou spezifesch Opfaangstrukture fir eeler dement Leit zur Verfügung ze stellen.

Grad dofir ass et net nëmmen noutwendeg, nei Strukturen an dësem Beräich ze schafen, wéi zum Beispill och d'Maison de soins zu Ierpeldeng, déi mer d'lescht Joer jo hei gestëmmt hunn, déi sech speziell op den Accueil vun demente Leit spezialiséiert huet, mä och a bestoend Infrastrukture wéi eben déi hei zu Péiteng ze investéieren an se esou ëmzënnern, dass se sech de Besoiné vun der Populatioun upassen.

Här President, de Choix vum Site, do muss een einfach soen, dass e superflott läit, dass d'Maison de soins vu Péiteng op engem Terrain ausgebaut gëtt, dee mat senger Gesamtsurface vu 66 Ar matzen a Péiteng läit, matzen am Zentrum, niewent der Primärschoul, niewent der Museksschoul an niewent der

Kierch, mat enger imprenabler Vue op de Park vu Péiteng. Dat Péitenger Beispill beweist also, dass et méiglech ass, innerhalb vun enger Stad matzen am Zentrum esou e Komplex opzerlichten a favoriséiert esou d'sozial Integratioun vun de Pensionnaire vun der Maison de soins an d'Bevölkerung vu Péiteng.

Ech wëll nach just ervirhiewen, dass an der direkter Noperschaft och e Foyer du jour fir Kanner fonctionnéiert, a vum Direkter vun der Maison de soins, vum Guy Kohnen, weess ech, dass zënter 2002 regelmëssig Kontakter tëschent deem Foyer du jour fir Kanner an de Leit, déi an der Maison de soins wunnen, bestinn. Ech kéint mer gutt virstellen, dass no der Extensioun dës Kontakter nach weider wäerten ausgebaut ginn, well déi zwee Terrainen, déi stoussen direkt uneneen. Et ass och gewosst, dass esou e Lieu de rencontre - d'Madame Ministesch, kann ech mech erënneren, huet beim Projet vu Mamer dat schonn erwähnt -, dass esou Kontakter tëschent Jonk an Al positiv Effekter mat sech brénge fir déi zwou Gruppen.

Den Émbau an d'Transformatioun vun der Maison de soins zu Péiteng entsprécht och deene modernsten Normen am Domän vun der Prise en charge vun eelere Leit, a besonnesch vun eeleren demente Leit. Et kann een och zu dësem Projet bemierken, dass immens vill Wäert op den nidderegen energeteschen Aspekt geluecht ginn ass, wou vill natierlecht Liicht mat eraspillt, an och duerch d'Récupératioun vun thermescher Energie dem ekologeschen Aspekt Rechnung gedroe ginn ass.

Weiderhin entsprécht dës virleiende Projet engem urgenten nationalen a regionale Besoin u spezifeschen Infrastrukture fir eeler Leit. Säit Dezember 2001 ginn d'Admissiounsdemande stänneg an d'Luucht. Eleng zu Péiteng sinn am Moment 350 Leit op der Waardelëscht an d'Halschent dovunner aus de Gemenge Péiteng, Kärjeng, Déifferdeng a Suessem. Et sollen dofir haaptsächlech och Leit aus der Gemeng Péiteng an den ustoussende Gemengen an der Maison de soins zu Péiteng opgeholl ginn.

Duerch dës Noutwendegkeet vum Projet dréit de Stat dann och 70% vun den Transformationskäschen, wat eng Participatioun vun 13.560.312,90 Euro ausmécht, nom leschten Indice semestriel des prix de la construction vum 1. Abrëll 2004. De Gesamtprojet gëtt op ongeféier 19,4 Milliounen Euro estiméiert. De Sold gëtt vum Bauhär, den Zithaschwëstere, iwwerholl.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wier selbstverständlech frou wann dës Projet den Accord vu sämtleche Fraktiounen géif fannen. Hien huet op alle Fall den Accord vu menger Fraktioun.

Vläicht nach just eng Bemierkung, déi zwar net direkt an de Rapport gehéiert, mä déi awer indirekt mam Projet ze dinn huet, awer an engem sonnere Projet geplangt ass. D'Gemeng Péiteng baut nämlech um selwechte Site e Foyer du jour Centre gériatrique fir eeler Leit, an hei kënnen och dement Persounen vum Maintien à domicile profitéieren an en Deel vum Dag do verbréngen. Dës Struktur wäert am Kader vu Synergie vum eenzelne Servicer aus der Maison de soins profitéieren, wéi zum Beispill d'Kiichen, d'Botz an d'Wäscherei, an esou entsteet hei wierklech en eenzegaartege Komplex op engem Site, deen awer a getrennte Strukturen déi ganz Panoplie vu Betreuungsméiglechkeete fir eeler Leit kann ubidden. An ech soen dat nach eng Kéier: Et sëtzt alles a Péiteng selwer matzen am Stadzentrum. Voilà.

Ech soen Iech Merci fir d'Noleschteren.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Madame Arendt. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun de Projets de loi 5372 an 5369, déi honorabel Madame Françoise Hetto-Gaasch. Madame Hetto!

**Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse du projet de loi 5372**

Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV), *rapporteuse*. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet, deen hei virläit, ass de 26. Juli d'lescht Joer vun eiser Familljeministesch deponéiert ginn an zwee Méint duerno, also am September, vum Statsrot aviséiert ginn. De 14. Oktober gouf en an der Familljekommissioun presentéiert an och duerchgeholl, an de schréffleche Rapport vun der Familljekommissioun, deen ech hei kuerz wäert resuméieren, ass de 17. November 2004 ugeholl ginn.

Deen heite Gesetzesprojet gesäit vir, d'Gesetz vum 20. Dezember 2002, dat déi finanziell Bedeelegung vum Stat beim Opbau vum Centre intégré pour personnes âgées zu Mamer festgehalen huet, e bësselechen ëmzënnern. E kuerze Rappel: Dësem Gesetz no bedeelegt sech de Stat bis zu 80% un den Opbaukäsche vum Centre intégré, inklusiv engem Foyer du jour an engem Centre psychogériatrique. Am Ganze sollt déi finanziell Participatioun vum Stat bei engem Bauindex vu 563,36 op den 1. Abrëll 2004 bei 20.541.449 Euro leien, natierlech ënnert dem Virbehalt vun enger legaler Erhéijung vum Konstruktionspräis bis zum Ofschluss vun den Aarbechten.

Här President, léif Kolleegeen a Kolleegeen, dass eis Populatioun ëmmer méi al gëtt an domadder eng regelrecht Erausforderung souwuel fir d'Sozial- an d'Gesondheetspolitik wéi och natierlech fir d'Wunnengsbaupolitik duerstellt, ass gewosst. Et ass wichteg, eisen eelere Matbierger adequat Liebens- a Wunnungskonditiounen unzibidden. Net jiddferen huet d'Méiglechkeet oder awer och de Wonsch, bei der Famill ze bleiwen. A wann déi eeler Leit net méi kënnen eleng an hirer Wunnung bleiwen, an dat trotz deene villen ënnerstëtzende Moosnamen, déi et vum Stat senger Säit aus gëtt, mussen aner Léisunge fonnt ginn.

Wéi gesäit dat am Prakteschen aus? Ma ganz einfach, andeems een am Fong geholl Opfaangstrukture fir déi eeler Leit virgesäit an och schafft, an zwar souwuel wat elo eng zefridde stellend Qualitéit wéi och eng héichwäerteg Quantitéit ubelaangt. De Stat dréit zënter Joren der demographescher Entwécklung Rechnung. D'Gesetz vum 20. Dezember 2002 an dësse Projet si gutt Beispiller dofir.

Uganks sollt d'Mamer Gemeng de Centre selwer exploitéieren, mä schlussendlech hunn awer déi Gemengeverantwortlech gemengt, et misst een d'Gestioun vum Centre engem spezialiséierten Organismus uvertrauen. Et gouf eng öffentlech Ausschreiwung gemaach, an opgrond vun engem Cahier des charges ass dunn als Gestionnaire d'Kongregatioun vun de Franziskanerschwëstere aus der Stad zréckbehalen ginn. De Gestionnaire war allerdéngs der Opfaassung, et misst een eng ganz Rei vun Ännerungen, vu Modifikatiounen ënnern, fir d'Fonctionnalitéit a virun allem och d'Capacitéit vum Gebai ze erhéijen.

De CIPA zu Mamer hält souwuel Leit op, déi valid an onofhängeg sinn, wéi awer och Pensionnairen, déi opgrond vun hirem Gesondheitszustand speziell encadréiert musse ginn. Well d'Leit net nëmme méi al ginn, mä och well de Prozentsaz vun deenen eeleren, invali-

de Leit, déi jo op eng Hëllef an eng speziell Prise en charge ugewise sinn, permanent an d'Luucht geet, huet de Gestionnaire virgeschloen, fir där grousser Nofro a puncto Opfaangstrukture fir eeler invalid Leit nozekommen an d'Capacitéit vum CIPA zu Mamer ëm 18 Unitéiten ze erhéijen.

Dësen Émbau entsprécht dann och engem reelle Besoin, well d'Gebailechkeeten, esou wéi se am Ufank geplangt goufen, entsprechen net méi den Erwaardungen an och net den Uspréchen vun de Pensionnairen. Fir elo dësen Uspréch gerecht ze ginn, ass et virgesinn, fir um éischen an och um drëtten Stack vum Fligel E6 weider Zëmmer ze schafen, andeems verschidde bestehend Raimlechkeeten ëmgebaut ginn, wéi zum Beispill Raim, déi virgesi waren als Dépôt. Op dës Aart a Weis kënnen elo sechs zousätzlech Zëmmer ageriicht ginn, déi sechs weider Pensionnaire kënnen ophuelen.

Et ass awer och virgesinn, dass sechs Séjournen ofgeschaf ginn. Amplaz, wéi am Ufank virgesi war, véier pro Stack, sollen et der elo nach just nëmmen zwee ginn, wat largement duegeet. An déi sechs Séjournen, déi sollen duerch sechs Appartementer ersat ginn, wou all Kiéiers kënnen zwou Persounen dra wunnen. Duerch dës Transformatiounen kann dann de Centre weider zwielf Pensionnairen ophuelen. D'Totalcapacitéit vum Centre soll vun 120 op 138 eropgoen.

Niewent deenen Transformatiounen, déi ech elo grad ugeschnidden hunn, kann een awer och nach eng ganz Rei vun aneren Emännerungen ervirhiewen. Ech picken der elo just e puer als Beispill eraus. Esou wäert zum Beispill de Sécherheitssystem verbessert ginn. D'Haaptkiche wäert un d'Ufuerderunge vun der Prise en charge besser adaptéiert ginn. Dobäi baséiert sech de Gestionnaire op seng eegen Erfahrungen.

D'Zëmmer sollen an Zukunft duerch eng infrarout Commande beliicht ginn an et wäerten och, an dat schéngt mer ganz wichteg ze sinn, Kameraen installéiert ginn, fir de Parking an d'Haaptentrée ze iwwerwaachen. Dës Modifikatiounen bréngen natierlech eng ganz Partie Käsche mat sech, esou dass déi finanziell Bedeelegung vum Stat muss adaptéiert ginn, an zwar iwwert de Wee vun enger Ofännerung vum Gesetz vum 20. Dezember 2002.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, genee dat ass dann och d'Zil vun dësem Gesetzesprojet, deen de Stat autoriséiert sech mat 23.619.739,05 Euro un de Konstruktionskäsche vum Mamer Centre intégré ze bedeelegen. Domadder leie mer mat soe mer emol ronn dräi Milliounen Euro iwwert der Participatioun, déi am Gesetz vum 2002 virgesi war. Den Enheetspräis pro Bett allerdéngs changéiert - dat ass och wichteg - duerch dës Ännerungen net.

Wat d'Finanzéierung ugeet, kann een nach soen, dass de Conseil de Gouvernement am Februar vum leschte Joer den Avenant gestëmmt huet, deen tëschent dem Stat an der Gemeng Mamer ënnerschrifwe gouf an eng Adaptatioun vum Stat senger Participatioun virgesäit. Et kann een och nach soen, fir komplett ze sinn, dass de Statsrot sengersäits zu deem heite Projet en Avis favorable ofginn huet, an ech géif Iech bidden, léif Kolleegeen a Kolleegeen, fir dësse Projet ze stëmmen, e Projet, deen och den Accord vu menger Fraktioun huet.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

**Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse du projet de loi 5369**



**Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV), rapportrice.**- An da fueren ech direkt weider, hunn ech gesot kritt, an zwar mat dem Centre intégré vu Jonglënster. Ech fänken och elo erëm esou u wéi dat hei op menger Ried steet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet, deen hei virläit, ass de 26. Juli 2004 vun eiser Familljeministesesch deponéiert ginn a vum Statsrot den 22. Oktober 2004 aviséiert ginn. De Projet baséiert op enger Konventioun, déi tëschent dem Stat an der Croix-Rouge den 22. Abrëll vum leschte Joer ënnerschwéi ginn ass an déi d'Finanzéierung vun de Baukäschtchen vun engem CIPA zu Jonglënster als Objet huet. Dese Projet autoriséiert de Stat, sech um Finanzement vun Jonglënster Centre intégré ze bedeelegen.

Dese Projet ass ee vu ville Bauprojeten, dee sech am Kader vum nationale Programm fir eeler Leit integréiert. E Programm, deen engersäits Moossname virgesäit, fir de Leit et ze erméiglechen esou laang et geet, oder och esou laang et erwünscht ass, an hirem Doheem ze bleiwen, an anerersäits Structures d'accueil fir eeler Leit ze schafen oder bestehender ze moderniséieren.

Et ass gewosst, ech mengen domadder soen ech lech näischt Neies, dass eis Gesellschaft ëmmer méi al gëtt. D'Zuel vun de Leit iwwer 65 Joer huet sech am leschte Jorhonnert vervéierfacht. An eise Géigende läit d'Liewenserwaardung en moyenne bei de Männer ëm 73 Joer. D'Frae packen et e bësse méi laang. Déi kréien eng Altersmoyenne vun 79 Joer. Vill eeler Leit sinn duerchaus capabel autonom ze liewen...

**Une voix.**- Dat ass de Gläichheitsprinzip.

**Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV), rapportrice.**- Dat ass de Gläichheitsprinzip, ganz genee. Vill eeler Leit sinn duerchaus capabel autonom ze liewen an dat bis an den héijen Alter eran. Anerer ginn zum Deel vun hirer Famill encadréiert an och versuergt. Mä ëmmer méi dacks ginn eeler Leit an engem Altersheim oder eben an engem CIPA ënnerbruecht.

Ee Grond dofir ass, dass déi familiär Situatiounen a Strukture geännert hunn. Et gëtt ëmmer méi Familljen, wou déi zwee Partner schaffe ginn, an dann ass et natierlech net einfach dat Berufflecht an dat Familiäert ënner een Hutt ze bréngen. Et gëtt ënnert dësen Émstänn natierlech dann och ëmmer méi schwéier eng Bomi oder e Bopa ronderëm d'Auer ze versueren, och wann een d'Méiglechkeet huet op verschidde Servicer zréckzegräifen.

Niewent den Ännerungen um familiären Niveau kënn nach de Fait, dass vill eeler Leit vu Familljememberen encadréiert ginn, déi selwer e relativ héijen Alter hunn a sech net méi kënnen ronderëm d'Auer ëm déi al Persoun këmmen. Dofir ass et enorm wichteg, fir eben esou Opfaangstrukturen ze schafen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Centre intégré vu Jonglënster soll eeler Leit aus der Gemeng Jonglënster an aus den ustoussende Gemengen ophuelen. Et geet hei drëms, fir eisen eelere Matbiieger aus Jonglënster an Emgéigend en adequaten Encadrement an engem wierklech fir si familiären Émfeld ze bidden, wou de Kontakt mat der Famill an och de Frënn méi llicht kann erhale bleiwen. Et ass méi schwéier Kontakt ze flegee wann dee Foyer, wou een ënnerbruecht ass, wäit ewech ass vu sengem fréieren Doheem.

De CIPA vu Jonglënster, deen eng Capacitéit huet vun 100 Better, wäert matzen am Zentrum vu Jonglënster leien. Duerch dësen zentralen Emplacement soll de Kontakt tëschent der Jonglënster Popula-

tioun an de Pensionnairen aus dem Centre intégré gefuerdert ginn, wat zu enger gudder sozialer Integratioun vun de Pensionnaire baidréit. A well dese Centre och nach ganz no bei där neier Spillschoul an dem Précoce läit, favoriséiert dese Projet och intergenerationell Echange, wou also déi jonk deenen eelere Leit kënnen begéinen. D'Madame Arendt ass elo éinescht scho méi am Detail dorobber agaangen.

Duerch seng Panoplie u Servicer ass et dem CIPA méiglech esouwuel valid eeler Persounen wéi awer och méi ofhängeg Leit, wéi zum Beispill dement Leit opzehuelen. Wann et och wichteg ass all Pensionnairen, egal a wéi engem Zustand vun Ofhängegkeet se sinn, an enger eenzeger Struktur ënnerzebréngen, esou muss een dach awer bedenken, dass esou en totaal Zesummeliewen net ideal ass.

Läit de Prozentsaz vun de Patienten, déi ënnert schwéiere psychogeriatresche Problemer leiden, iwwer 25% vun der gesamter Populatioun, dann ass dat den Experten no net méi méiglech, dass een do kann eng komplett Cohabitatioun maachen.

Just als Niewebemierkung, eng vu fënnf Persounen iwwer 80 Joer leit ënnert Demenz. Wann ee bedenkt, dass déi Persounen, déi iwwer 80 Joer al sinn, d'Halschent vun der Populatioun an engem Centre ausmaachen, da schéngt et kloer, dass wann ee wëlles ass alle Pensionnairen déi beschte Liewens-konditiounen ze bidden, een an deem Fall wierklech muss kucken, déi Leit mat enger Demenz a getrennte Raimlechkeeten ënnerzebréngen, wou se dann och extra kënnen betreit ginn.

De Centre intégré vu Jonglënster wäert de Besoine vun all de Pensionnairen entspriechen. D'Gebai ass nämlech an zwee verschidden Deeler gespléckt. Schwéier ofhängeg, virun allem dement Leit kënnen an engem eegens fir si konzipéierten Espace liewen, ouni permanent deene fuerscheden an och dacks béise Blécker vun hire valide Co-Pensionnairen ausgesat ze sinn. Déi zwee Deeler fonctionnéieren alleguer mat eegenem Personal, an doduerch kann een de Pensionnaire méi en individuelen Encadrement garantéieren. Dat ass virun allem bei demente Pensionnaire wichteg. Si hunn an dësem Fall ëmmer déiselwecht Bezuchspersounen.

Wann den CIPA och an zwee Deeler gespléckt wäert ginn, ass et awer esou, dass verschidde Raimlechkeete vun de Pensionnairen alleguer kënnen benotzt ginn. Den CIPA gëtt op engem Terrain gebaut, deen d'Gemeng Jonglënster der Croix-Rouge ënner Form vun engem Bail emphytéotique fir eng Dauer vun 49 Joer zur Verfügung gestallt huet. An de Centre wäert sech och ganz harmonesch an dat bestehend Landschaftsbild afügen.

Den architektonesche Konzept notzt nämlech déi natierlech Pente vun Terrain wou d'Gebai histoe kënn, dat heescht vun der Rue Rham aus, wou ee Plain-pied eraageet, a wat och am Fong geholl den Haaptgang ass, bis erof op den Niveau vun der Schwarzer Ern.

Fir dass Der lech dat elo bildlech kënn virstellen, vu dass mer hei net mat Powerpoint-Presentatioun kënnen schaffen, wollt ech lech awer soen, dass dat Gebai ausgesäit wéi en E. Den ieweschte Stack vum Réck vum E an dee viischten Deel, also dat eischt Been vum E, dat ass am Fong geholl dat wat erausstee.

#### (Interruption)

D'Philharmonie gesäit och esou aus.

Dat ass also dat wat erausstee, a wat een och vun der Strooss aus gesäit, wat am Fong geholl dee Moment um Niveau Null läit vun der Rue Rham.

An dann déi zwee Wunnfligelen, wat am Fong geholl dat mëttelst Been vum E, an dat ënescht Been vum E ass, leien um Niveau minus eent a minus zwee, wou een dann ënnen op der Wiss erauskënn.

Vum ieweschte Stack, also um Niveau vun der Rue Rham, huet een eng Vue op d'Gäert, déi um Daach vum Wunnungsdeel aménagéiert sinn. An dës Gäert sinn am Fong geholl geduecht, fir dass déi valid Leit kënnen doranner schaffen a wudderen. Op dësem ieweschte Stack fanne mer dann awer och den administrativen Deel mat engem Restaurant, wou soll en Aquarium an d'Baussemauer integréiert ginn, engem Coiffeursalon, engem Cybercafé, keng Bar fir owes, dat ass hei net virgesinn, dann awer Pédicure a Manicure an eng Pianobar, wou d'Leit vu baussen hærzlech wëllkomm sinn.

All dës Servicer sinn op der Säit vun engem Wee, dee laanscht d'Gebai erof bei d'Gréngs a bei d'Schwarz Ern féiert.

Dës Raim a Servicer sollen, an dat ass wierklech de Wonsch och vun der Croix-Rouge, d'Points d'attraction gi fir d'Awunner aus der Gemeng, e ganz wichtigen Aspekt, well en dozou baidréit, dass d'Pensionnaire sech valoriséiert fillen.

Um Stack drënner sinn dann d'Wunnenge fir déi valid Persounen a Raimlechkeete fir spezifesch Servicer. De Foyer de jour, den Therapieberäich, wou e komplette Programm ugebuede gëtt, zum Beispill Kiné, Ergotherapie, Psychogeriatric, e Snoozleraum, Raim wou déi eeler Leit wierklech d'Méiglechkeet hunn eng Bezuchspersoun fir e puer Minutte ganz eleng fir sech ze hunn, an dat ass anscheinend fir déi eeler Leit ganz wichteg.

Doniewent ass hei eng Kichen an et ass virgesi fir e Wellness-Beräich mat Sauna a Whirlpool ze instaléieren. Dat, well déi Responsabel vun der Croix-Rouge der Meenung sinn, dass et hautdësdays net méi duergeet, dass ee riseg inox Bidden an e kale Raum setzt an dann déi eeler Leit do wäuscht a buet, mä dass den eelere Mënsch vun haut déielwecht Uspréch huet wéi mir, an am Fong geholl och e Recht drop huet a sengem Alter gutt versuergt ze sinn.

Deen ëneschte Stack ass da fir déi dement Persounen reservéiert, och eege Wunnengen, e Foyer de jour, wou d'Aktivitéiten, déi fir si ugebuede ginn, kënnen ofgehalde ginn, an och nees Raim wou spezifesch Servicer fonctionnéiere mat eegenem Personal, esou dass se och wierklech ëmmer erëm déiselwecht Bezuchspersounen ronderëm sech hunn.

Déi dement Leit kënnen och hei an en eegene Gaart erausgoen, e Gaart, deen am Fong geholl esou wéi e Bannenhaff konzipéiert ass, esou dass si sech net veriren an och ëmmer erëm duerch e Circuit, dee spezifesch ugeluecht ginn ass, an hir Wunneng ermënnen. Duerch Hecken ass dat Ganz e bësselchen ofgegrenzt, well haaptsächlech bei Alzheimerpatienten muss gefaart ginn, dass se sech net zurechtfinden an och de Wee net bis an hir Wunneng fannen.

Et gesäit een also zwee Haiser ënner engem Dach mat eegenem Personal a gemeinsame Raimlechkeeten, déi vun alle Pensionnaire kënnen genotzt ginn. Vun deenen 100 Better sinn iwwer 65 vöier Zëmmer fir Koppele virgesinn. Hei kënnen aus aacht Eenzelzëmmer véier duebeler gemaach ginn, dat ewell d'Eenzelraim flexibel an och amovibel Maueren hunn.

Deene Responsabele vun der Croix-Rouge ass et awer och wichteg, dass an engem Esprit vu Soins

palliatifs gebaut gëtt. Si sinn der Meenung, dass bal all Mënsch de Wonsch huet, do ze stierwen, wou e gelieft huet. Duerfir hu si bewosst op eng speziell Unité de fin de vie verzicht, well all d'Apparater, déi e Mënsch brauch fir an der Dignitéit an och schmäerzfräi ze stierwen, déi kënnen hei bis an de Pensionnairen hir Wunnenge bruecht ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir gesitt hei ass e ganz moderne Konzept vun der Prise en charge vun eelere Leit virgesinn, dee sech net nëmmen um Niveau vun der Konzeptioun vum Gebai erëmispigelt, mä och wat den Encadrement vun deenen eenzelne Pensionnairen ubelaangt. Soubal - just fir ee weidert Beispill ze nennen - nei Pensionnairen ugeholl ginn, gëtt fir si en individuelle Programm ausgeschafft a se ginn da vun enger Equipe parrainéiert. Zu dëser Equipe gehéieren ee Pensionnaire, ee Member vun der Equipe soignante an och ee Bénévole.

An dann nach een interessanten Detail um Enn: Gehëtz gëtt de Centre intrégré vu Jonglënster duerch d'Holzackschnitzelfeuerungsanlag vun der Gemeng, un déi och aner öffentlech Gebaier ugeschloss sinn.

Elo komme mer da bei deenen interessante Punkt, dat sinn d'Käschtchen, a wat déi ubelaangt, esou gëtt den Totalkäschtchepreis op 22.395.225,97 Euro geschat, d'TVA an d'Honorairen abegraff. A laut dem Artikel 13 vum ASFT-Gesetz vum 8. September 1998 huet de Regierungsrat decidéiert, dass de Stat sech géif mat 80% un de Baukäschtchen vun dësem Centre intégré vu Jonglënster bedeelegen.

Dobäi entsprécht dese Projet engem dréngende Besoin, esouwuel um regionale wéi och um nationale Plang. Dem Stat säin Engagement dierf net iwwer 17.916.180 Euro erausgoen, ofgesi vun de semestriellen Adaptatiounen vum Bauindex. Dee Moment, wou deen heite Projet adaptéiert gouf, louch dee leschte Bauindex, dee matgedeelt gouf, an zwar dee vum 1. Abrëll 2004, bei 588,92, an déi Montanten, déi elo ugeschwat goufen, entspriechen natierlech dësem Wäert.

Dobäi muss een och nach betounen, dass de Statsrot a sengem positiven Avis vum 12. Oktober 2004 drop higewisen huet, dass d'Präisser pro Bett am Allgemenge stabil sinn, an dese Projet mécht do keng Ausnahm; de Präis pro Bett läit bei 223.952 Euro.

Nach eng lescht Bemierkung: Falls d'Croix-Rouge misst dem Stat seng Participatioun virfinanzéieren, gesäit de Projet vir, dass de Stat d'Zënse vum Prefinanzement soll iwwerhuelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif lech am Numm vun der Familljekommissioun bidden, dese Projet ze stëmmen, e Projet, deen iwwerengs och den Accord vu menger Fraktioun huet, an ech soen lech elo villmools Merci fir dat laangt Nolauscheren.

**M. le Président.**- Merci, Madame Hetto. Als éischte Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Claude Meisch (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'alleréisch, dat ech deenen zwou Rapportrice félicitéiere fir hire ganz gudd schréftlechen an och mündleche Rapport, dee se hei zesummen an der Chamber ofgeluecht hunn. Ech kucken och ganz kuerz do derduerch ze kommen, well zu deem, wat mer presentéiert kritt hu vun deenen zwou Rapportrice, kann een op jidde Fall keng technesch Detailler nach dobäi soen oder aner Reflexiounen. Ech mengen, déi waren alleguerter ganz, ganz komplett

Et ass effektiv esou, dat d'Leit ëmmer méi al ginn, dat d'Alterspyramid op der Kopp steet, wéi ee seet, an och wéi d'Madame Hetto virdu gesot huet, dat mer haut ebe véiermol méi Leit iwwer 65 Joer hunn ewéi dat nach virun 100 Joer war. Dat huet dozou gefouert, dat mer eng ganz Rei vu Waardelëschtchen hunn an eise Strukture fir eeler Leit opzehuelen, sief et an eise CIPAen, sief et an de Maisons de soins uechtert d'ganzt Land.

Dat huet och dozou gefouert, dat zu engem gewëssen Zäitpunkt ganz vill eeler Leit hu missen am Ausland op Strukturen zréckgräifen, wat mat Sécherheet net déi gléckleche Situatioun ass, respektiv och innerhalb vun eise dach klenge Land an eng aner Regioun hu misse goen, wou se dann awer ofgeschnidde ware vun hirem normalen Encadrement, vun deene Leit, déi se kannt hunn, vun hirer Famill, etc., etc., wat bestëmmt net begrëssenswäert ass.

Dofir ass et nëmmen ze beluewen, dat deen Nohuelbedarf do zum Deel - ech soen zum Deel - schon opgeholl ginn ass. Mir hu jo och héiere virdu vun der Madame Minister, dat eng Rei vun Transformationen a Realisatiounen um Instanzewee an a Planung sinn, esou dat deen Effort do mat Sécherheet weider wäert goen, an dat kënnen mer als Demokratesch Partei och nëmme ganz kloer ënnerstëtzen.

Wann hei an der Chamber iwwer esou Projeté geschwat gëtt, da geet et meeschtens ëm de Baute-projet, dat heescht, do gi grouss Infrastrukture geschafen. Dat ass allerdéngs nëmmen een Element. Mer brauchen, wat d'Betreiung vun eelere Mënschen ubelaangt, e ganze Mix u Mesuren; dat sinn Infrastrukturen, dat sinn awer och Servicer an Hëllefleeschunge fir d'Leit doheem. Esou laang se doheem eleng oder an der Famill kënnen betreit ginn an doheem eleng eegestänneg hiert Liewe kënnen féieren, solle mer dat sécherlech och als eng vun de Pisten opzeechnen, deene mer sollen nooen an déi mer sollen erméiglechen.

Gläichzäiteg wëll ech och nach eng Kéier ënnersträichen, dat déi heite Projeten, awer och aner Servicer, déi ugebuede ginn, sécherlech dozou baidroen, dat ëmmer méi Leit hei am Land hire Liewensowend an Dignitéit kënnen verbréngen. Och dat ass, mengen ech, vu jiddferengem hei am Haus beluewecht ginn an der leschter Zäit, a wäert och an Zukunft nach ëmmer positiv ënnerstrach ginn. Et si jo och ëmmer esou Projeten, déi hei eng grouss Unanimitéit fannen.

Ënnersträiche wëll ech och nach eng Kéier, dat déi dräi Projeten, esouwuel Péiteng wéi Mamer wéi awer och Jonglënster matzen an der Uertschaft leien, wat wichteg ass. Et ass emol eng Zäit ginn, wou esou Infrastrukturen ausserhalb un d'Peripherie geluecht gi sinn, wat sécherlech net dozou baidgedroen huet, dat mer déi eeler Matmënschen an eis Gesellschaft integréieren, dat mer och deen eelere Mënsch als en aktive Mënsch gesinn, deen net ausgespaart soll ginn, mä deen e ganz, ganz wäertvolle Mënsch ass, op deem seng Erfahrung mer net solle verzichten, an dee mer och solle probéieren a ganz geziilt Aktivitéiten an eis Gesellschaft mat anzubannen.

Och dat mer Kontakt brauchen tëschent jonken an eelere Leit ass an deem engen oder anere Projet hei ënnerstrach ginn. Dat mer deenen eelere Matmënschen och sollen erméiglechen um sozialen, um gesellschaftleche Liewen deelzehuelen, gëtt och alles doduerjer méiglech gemaach, dat mer déi Projeten do matzen an d'Uertschaften, also do wou dat gesellschaftlecht Liewen sech och ofspilt, implanteréieren.

Wa mer méi eeler Leit kréien, heescht dat allerdéngs dann och, dat aner Phenomeener ëmmer méi



heefeg ginn, zum Beispill d'Altersdemenz. Duerfir ass et och wichteg, datt mer Infrastrukture schaffen, déi grad adaptéiert sinn op esou Problematiken ewéi déi doten, déi ëmmer méi heefeg ginn, an déi effektiv eng speziell Betreierung brauchen. Duerfir ass et ze begrëssen, datt zum Beispill am Projet vu Péiteng sech dorobber ënner anerem spezialiséiert ginn ass, respektiv wäert ginn.

#### (M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Och sinn déi aner Mesuren, déi oft an esou Infrastrukturen ugebuede ginn, wéi e Foyer du jour, wéi e Centre psycho-gériatrique ze begrëssen. Do kommen eng ganz Rei vu Leit zesummen, déi herno och vun anere Servicer, déi op deene Plazen ugebuede ginn, kënnen profitéieren. Et familiariséiert ee sech mat deenen Infrastrukturen, mam Personal, etc.. Dat ass sécherlech alles ze begrëssen.

Och ze begrëssen ass et, datt d'Sterwe keen Tabu an deenen Haiser ass. Gestuerwe gëtt an deenen Haiser, dat ass wouer, an och datt vu virera gekuckt gëtt, ënner wat fir enge Konditiounen do gestuerwe gëtt, a wéi et méiglech ass, och de Mënsch op sengem allerleschte Wee ze begleeten, vun der Famill ze begleeten, an datt e wierklech ënner mënschewierdegen Emstänn aus dem Liewe scheet.

Dat gesot, wëll ech nach eng Kéier ënnersträichen, datt d'Demokratesch Partei op jidde Fall déi dräi Projeten do, wéi och aner Projeten, déi nach wäerte kommen an Zukunft an deem doten Domän, wäert ënnerstëtzen, an hei den dräi Projeten hir Zoustëmmung wäert ginn.

Ech soen Iech Merci.

**M. le Président.** - Als nächst Riednerin huet d'Madame Dall'Agnol d'Wuert.

**Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, als Minuttsdapp hunn ech haut d'Éier Iech de Projet Péiteng ze kommentéieren. Et wäert d'Rapportrice sécher freeën, wann ech direkt Faarf bekennen a soen, dass eis Fraktioun dësse Projet wäert stëmmen, well et e gudder Projet ass a well et och ee Projet ass, deen noutwendeg ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen alleguerten, datt de Maintien à domicile och Grenzen huet, a virun allem ëmmer dann, wann déi betraffe Persoun net méi adequat kann encadréiert ginn, respektiv ëmmer dann, wann d'Qualitéit vu de Soinen net méi ka garantéiert ginn.

#### (M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Mir wëssen och, an dëst steet jo och explicite am Exposé des motifs, datt an dësem bestëmmte Fall, nämlech an der Maison de soins zu Péiteng, eng Waardelëscht, wann ech mech richteg erënneren, vun ëmmerhin 350 Persounen besteet, an ech mengen, datt dee Chiffer eleng eis beweist, dass nach vill ze maachen ass, fir genuch Plaze fir eis eeler Matbiergerinnen a Matbierger ze schaffen.

Mir wëssen dann och, datt et sech bei dësem Projet ëm en Ausbau op effektiv 140 Better handelt an datt dat also och nëmmen eng Drëps op de waarme Steen ass, wa mer dat mat der Waardelëscht vergläichen. Mä et ass eng richteg an et ass awer och eng wichteg Drëps. Et ass e Schrëtt an déi richteg Richtung, fir déi Leit, déi eben net méi kënnen doheem versuergt ginn, gutt, adequat a virun allem och mënschewierdeg ënnerzebréngen.

D'Bewunner vun dësem Projet, dat hutt Der héieren, dat ass jo eng Population mixte. Dat heescht konkret an dësem Fall, een Deel vun de Bewunner leit ënner Demenzproblemer. A genau hei läit dann och

den innovative Charakter vum Projet - d'Rapportrice ass jo och kuerz schonn drop agaangen -, nämlech datt d'Personal extra forméiert ginn ass, an datt an enger Aarbechtsgrupp och gekuckt gëtt fir progressiv eben en neie Modell de prise en charge anzeféieren, deen dem Liebensrhythmus vun demenzkranke Persounen verstärkt wäert Rechnung droen.

Eng gutt Saach also, well net nëmme garantéiere mer esou, datt déi betraffe Leit excellent encadréiert ginn, mä virun allem bidde mer hinnen och d'Méiglechkeet, trotz hirer Krankheet esou vill wéi méiglech en eegestännegen an och onofhängegen Alldag ze hunn.

D'Awunner ginn dann awer och un déi aldeeglech Tachen, déi ufalen, mat erugezunn, an och dëst ass eng gutt Iddi, net eleng well vill eeler Leit, ob krank oder och net, hiren Dagesoflaf, dee se 70 an och méi Joren haten, net méi wëllen an och net méi kënnen einfach vun haut op muer änneren an opginn.

Dësse Projet bitt hinnen dann zum Beispill och d'Méiglechkeet ze kachen, net nëmme fir sech, mä och zum Beispill fir hir Matbewunner. An d'Hauptiddi vun dësem Projet besteet jo dann och dodran, de Bewunner en „normaalt Liewen“ am Alldag ze garantéieren.

Ee Pluspunkt vun dësem Projet ass och deen, datt e sech ganz flott a seng Émgeigend agliddert, an datt eben och d'Awunner vun där Maison de soins doduerch, datt en no beim Zentrum ass a bei anere sozialen, gesellschaftlechen Arrichtungen, och déi eng oder aner Méiglechkeet ausserhalb vun hirem neien Doheem wäerten hunn.

Dir gesitt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, - an d'Rapportrice a mäi Virriedner hu jo och scho munches ënnerstrach an erausgestrach - datt dësse Projet eben eng ganz Rei flott, modern an och innovativ Elementer beinhaltet. Mir hunn dann och Enn Oktober d'lescht Joer hei an der Chamber schonn eng ganz Rei familijepolitesch Projeten, déi dësem ähnlech sinn, evakuéiert. Ech erënneren Iech u Klierf, un Ettelbréck, un lerpeldeng bei Ettelbréck, an och d'Rumm hei an der Stad, esou datt dësse Projet e weidere Schrëtt ass, fir eng adequat Betreierung vun eisen eelere Leit ze garantéieren an domat och hir Liewensqualität alles an allem verbessert.

Ech géing mer dann och erlaben, den Här Mill Majerus aus dem Familljeministère ze zitieren, dee vis-à-vis vum „Lëtzeburger Wort“ sot: „Wir brauchen Einrichtungen, die Geborgenheit, Anerkennung, Respekt und Gemeinschaft vermitteln, wo alte Menschen sich mit ihren persönlichen und generationsspezifischen Eigenschaften angenommen wissen. Senioreneinrichtungen brauchen den Bedürfnissen der Bewohner angepasste Infrastrukturen, qualifizierte und motivierte Mitarbeiterinnen und Mitarbeiter, die interdisziplinär, kreativ und engagiert zusammenwirken.“

Méi treffend, mengen ech, kann een et guer net op de Punkt bréngen. Alles an allem ass dëst esou ee Projet wéi den Här Majerus sech e virstellt, en excellent Projekt also, an deen dann och engem nationale Besoin entsprécht.

Ech géing domat schléissen, net ouni awer nach der Rapportrice Merci ze soe fir hir Aarbecht, an nach eemol u meng Wiederer aganks ze erënneren, nämlech datt eis Fraktioun dësse Projet wäert stëmmen.

Domat soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Claude Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

**M. Claude Adam (DÉI GRENG).** - Här President, Dir Dam-

men an Dir Hären, mir hunn elo dräi Projets de loi virleien, déi alleguer ganz no beienee leien, an duerfir ass dat och flott, datt mer se kënnen mateneen diskutieren. Et sinn excellent Rapporté vun den zwou Rapportricen do, souwuel mëndlech wéi schrëftlech. Ech wëll elo hei net méi alles widderhuelen, wat scho gesot ginn ass. Ech wëll kuerz op déi eenzel Projeten agoen, duerno awer e bësse vu menger Riedezäit profitéieren, fir méi allgemeng Gedanken zu der Entwécklung am Secteur vun den Alters- a Fleegeheemer ze féieren.

Fir d'éischt de Projet 5370, d'Participatioun vum Stat un der Transformatioun an Extensioun vum Fleegeheim Saint-Joseph zu Péiteng. Am Exposé des motifs steet, datt ganz vill Pensionnaire vill Hëllef brauchen an deem Haus. Virun allem déi ëmmer méi grouss Zuel vu Senioren, déi un enger Altersdemenz leiden, maachen en Ausbau dréngend noutwendeg. Déi bestehend Infrastrukture mussen renovéiert a moderniséiert ginn. 2004 stoungen 350 Persounen op der Liste d'attente, dat ass vill. Mä déi Listes d'attente si mat Virsicht ze betruechten, ech kommen nach dorobber zrëck. D'Zuel vun de Better geet vu 76 op 143 erop, d'finanziell Bedeelegung vum Stat ass 70%. Déi gréng Fraktioun wäert dësse Projet stëmmen.

De Projet 5372, d'Modifikatioun vum Gesetz vum 20. Dezember 2002 wat d'Bedeelegung vum Stat beim Bau vum CIPA zu Mamer duerch d'Gemeng betrëfft. Am Gesetz vun 2002 war dem Stat seng Hëllef bei ronn 3,6 Milliounen Euro Index 100. No dësem Gesetz ass dem Stat seng Hëllef op ronn 4 Milliounen Index 100 eropgaangen. Dat ass en Dépassement vun ongeféier 10%.

Wann een dann nach bedenkt, datt mat dësen Transformatiounen d'Zuel vun de Better vun 120 op 138 eropgaang ass, da war et einfach eng Chance, datt déi Mamer Gemeng decidéiert huet, d'Gestioun vun hirem Haus enger spezialisierter Organisatioun ze iwwerloossen. De Statsrot an d'Chamberkommissioun halen och fest, datt d'Participatioun vum Stat net iwwert déi ursprénglech ofgemaachten 80% erausgeet.

Interessant bleift awer d'Tatsaach, datt den urspréngleche Projet, nach ier e richteg fäerdeg war, huet misse relativ wäitgehend modifizéiert ginn, wéi d'Gemeng déi a mengen Ae richteg Décisioun geholl huet, d'Gestioun net selwer ze maachen. Och wann dat hei zu engem gudder Resultat gefouert huet, bleift awer erëm d'Fro vun der professioneller Begleedung a Planung an esou grouss Projeten duerch de Stat, deen hei am Ufank mat 20,5 Milliounen Euro an elo mat 23,6 Milliounen Euro engagéiert ass. Déi gréng Fraktioun wäert och dësse Projet stëmmen.

Dann de Projet 5369, d'Participatioun vum Stat beim Bau vun engem CIPA zu Jonglënster. Een, wéi mir fannen, ganz interessante Projet, deen e puer Iddie mat verschafft, déi och deene Gréngen extra um Häerz leien. Et ass e Projet mat 100 Better, also e bësse méi bescheiden an der Zuel vun de Pensionnairen. En ass bewosst zentral an der Uertschaft Jonglënster ugeluucht. Am Exposé des motifs geet Rieds vun engem «modèle intergénérationnel dans lequel se croisent les jeunes et les avancés en âge». Déi geographesch Proximitéit zum Précoce an der Spillschoul ass interessant. Do kéint jo deen intergenerationellen Austausch realiséiert ginn, deen am Exposé des motifs ugeschwat ass.

Weider heescht et, de Centre soll en Haus vun der oppener Dier sinn an e Kommunikationszentrum fir Veräiner a Leit vun allen Alteren. Et

solle Geschäfte an de Centre kommen, déi fir all Leit op sinn, genauso wéi déi medezinesch Déngschtleeschungen am Centre och solle fir d'Leit op sinn.

Et geet Rieds vun enger Équipe de parrainage, déi fir all Pensionnaire direkt no senger Admissioun en individuelle Programm zesummenstellt. Dës Equipe setzt sech zesummen aus engem Résident, engem Member vum Fleegepersonal an engem Bénévolon. Eng formidabel gutt Saach! Hoffentlech klappt et mam Bénévolat.

Dat sinn alles flott Virstellungen, an ech mengen och déi responsabel Gestionnaire vum zukünftege CIPA Jonglënster wëssen, datt dat alles net vum selwe funktionéiert, mä professionell begleet an ënnerstëtzt muss ginn. Luewenswäert fanne mir och, datt d'Gebai mat enger zentraler Holzpaletten-Heizung soll gehézt ginn an datt Wäert op eng gutt Isolatioun geluecht gëtt.

De Projet huet awer och zwee Aspekter, déi eis net esou gutt gefallen. Op der Sait 5 vum Exposé des motifs steet e Saz, deen inhaltlech ganz bestëmmt seng Berechtigung huet, a senger Formulatioun awer e bësse brutal ass, an un deene ville gudder Virsätz, déi ech elo grad gelueft hunn, e bësse zweifele léisst. Dat ass de Saz: «Le fait de créer deux maisons différentes sous un même toit permet de séparer les personnes démentes des personnes valides.»

Esou brutal wéi de Saz dosteet kéint ee mat e bësse schlechtem Wëlle sech virstellen, datt déi Équipe de parrainage do sëtzt an Uerteeler fällt. Dobäi ass jo awer Altersdemenz e Prozess, dee bei all betraffenen Patient ënnerschiddlech schnell antrëtt a sech ënnerschiddlech entwéckelt, a bei jiddferengem och aner Auswierkungen huet.

Wa mer dann och nach keng transversal Wiesselméiglechkeeten tëschent deenen zwou Filiären zouloossen an och nach keng Mesures de recours virgesinn, dann hu mer een zweeglidderenge CIPA-System, dee mer jo awer net wëllen a brauchen. Well ech awer voll guddem Wëll sinn an och den Ausféierung vum der Rapportrice nogelauscht hunn, ginn ech einfach dovunner aus, datt dee Saz e bësse streng formuléiert ass, an et ass just gemengt ginn, datt mer deene Leit, déi un enger Altersdemenz leiden, Raimlechkeete wëlle schaffen, wou si sech wuel fillen an ënner enger gudder Betreierung hirem Liewen an Dignitéit kënnen ngoen, sou wéi hire Gesondheitszoustand et erlaabt.

En zweete Punkt, deen ech och nach wëll uschwätzen: Och wa mer et begrëssen, datt de regionale Charakter vum CIPA vu Jonglënster ervirgehewe gëtt, menge mir, datt et e bësse iwwert d'Zil ewechgeschoss gëtt, wann et heescht: „Les conditions d'admission des pensionnaires sont fixées par écrit par un comité d'admission composé de représentants des communes, des médecins exerçants dans ces communes, de travailleurs sociaux ainsi que de gestionnaires de l'établissement.“

Dee Gedanke geet dovun aus, datt nach ëmmer déi meescht Leit do an d'Schoul ginn, wou se op d'Welt kommen, do schaffe ginn, wou se an d'Schoul gaange sinn, eventuell nach d'Nopeschmeedchen oder den Nopeschjong bestueden, an da schliesslech a logescherweis do an d'Altersheem ginn, wou se hiert ganz Liewe verbruecht hunn. Dat klappt awer ëmmer manner oft, an et ass och nëmmen e klengen Deel vum Problem. Ech kommen elo geschwënn a menge méi allgemengen Ausféierungen nach eng Kéier op dësse Problem zrëck.

Dir Dammen an Dir Hären, Här President, ech hunn et scho gesot, déi Gréng si mat deenen dräi Projeten d'accord, a mir wäerten déi dräi Projeten och mat stëmmen.

Ech wëll awer nach e bësse vu menger Riedezäit profitéieren, fir eng Rei Froen opzerwerfen, déi sech mir gestallt hunn, wéi ech mech mat deene ville CIPA- a Maisons-de-soins-Dossieré vun der leschter Zäit beschäftegt hunn. Ech mengen, et wier derwäert, sech mat dëse prinzipielle Froen e bësse méi intensiv ofzeginn.

Als Iwwerschrëft fir mäi klengen Exposé klauen ech mer den Titel vum 12. Kapitel vun der Broschür „Für und mit Senioren“ vum Familljeministère. Den Titel ass op lëtzebuergesch dann „Wéi vill Alen- a Fleegeheembetter braucht eist Land?“. Niewent deenen dräi Projete vun haut, déi mer elo geschwënn - an ech ginn dovun aus mat Unanimitéit - stëmme wäerten, hate mer schonn am Dezember dräi aner Projete gestëmmt: d'Fleegeheim fir Alzheimerpatienten zu lerpeldeng bei Ettelbréck, d'Vergrësserung an d'Transformatioun vum CIPA um Plateau du Rham hei an der Stad an e Fleegeheim zu Klierf.

Déi Hären Empel, Majerus a Wagner vum Familljeministère hunn an hirem Artikel eng Rei ganz interessant Zuele verschafft a ginn och direkt eng Antwort op hir Fro, wéi vill Better datt mer brauchen: „Der Bedarf an Altenheimbetten könnte im Jahr 2010 zwischen 5.460 und 5.480 liegen.“ Dës, wéi ech mengen, ganz prezis Zuele sinn d'Resultat - dat schreiwen déi Häre selwer - vun den Zuele vun der Vollekszielung vum 1. Januar 2001 an enger Statec-Viraussage fir d'Joer 2010. A well d'Auteurs eis net veroden, wéi se gerechert hunn, ass et och net kloer, wéi eng grouss Feelerquot muss agerechent ginn.

Aus deenen Zuelen, déi mer haut de Mëtteg kritt hunn, geet ervir, datt elo scho mat den Transformatiounen a Planungen, déi engagéiert sinn, 6.036 Better a Senioreneinstitutiounen engagéiert sinn. Also, scho méi ewéi 600 weider, wéi mer der eventuell 2010 géinge brauchen.

Ech hu meng Problemer mat dësen Hypotheesen aus dem Familljeministère, an ech erklären och firwat. Mir wëlle jo, datt ëmmer méi Leit ëmmer méi al kënnen ginn, an datt mir dat kënnen ënnert deene beschtméigleche Konditiounen ginn. Al ginn an al sinn ass net ëmmer mat Krankheet a Misär verbonnen. Et gëtt zu Lëtzebuerg ganz vill eeler Leit, déi valid, selbststänneg a gesond sinn. Wann dann och nach d'Pensioun stëmmt an déi finanziell Suerge méi kleng sinn, dann ass et eng Freed al ze ginn. Och dat soll eng Kéier hei gesot sinn.

Mir fueren hei zu Lëtzebuerg zweegleiseg, fir eise Leit am Alter eng méiglechst héich Liewensqualität ze erhalen. Mir bauen eist Netz vun ambulanten Hëllefsmoosname konsequent aus, fir datt d'Leit méiglechst laang doheem kënnen wunne bliwen, wa si dat wëllen; a mir renovéieren, moderniséieren a bauen Alters- a Fleegeheemer, fir datt déi Leit, déi net méi kënnen oder wëllen an hiren Wunneng bliwen, en neit Doheem fannen. Dat ass eng Politik, déi déi Gréng ausdrécklech ënnerstëtzen.

D'Aféierung vun der Fleegeversécherung den 1. Januar 1999 hat ënner anerem als Zil, eelere Mënschen een onofhängegt Liewen doheem ze verlängeren duerch d'Schafung vun engem Réseau de soins à domicile, an duerch eng finanziell Ennerstëtzung vu Leit aus dem Émfeld vu kranken oder behënnerte Mënschen, wa si sech doheem ëm hir Leit këmmern.

Déi Aféierung vun der Fleegeversécherung huet eng interessant Evolutioun mat sech bruecht. De Prozentsaz vun de Bénéficiaire vum der Fleegeversécherung, déi an Alters- a Fleegeheemer ënnerbruecht sinn, huet sech vu 47% am Joer 2001 lues a lues op 38% am Joer 2004 reduzéiert. Och wann d'Nettozuele vun de Bénéficiairen aus den Institutiounen nach llicht



eropgaange sinn, esou schéngt et awer däitlech ze sinn, datt d'Fleegeversécherung en Erfolleg ass: Émmer méi Leit loosse sech vun de Soins à domicile oder vu Leit aus hirer Famill doheem versueren.

Dobäi ass verständlecherweis den Ofhängegkeetsgrad vun de Leit an den Etablissementer méi héich wéi doheem. An den Etablissementer sinn duerchschnëttlech 26,9 Stonne pro Woch accordéiert, doheem 21,2. D'Réseaux de soins à domicile hunn eng gewaltig Expansioun gemaach. An de Réseauen ass d'Zuel vun de Ganztagsaarbechtstäch vum 148 am Joer 1999 op 800 am Joer 2004 eropgaangen. Dat ass méi ewéi fénnefmol esou vill an Zäit vu fénnef Joer. An den Etablissementer ass d'Zuel vun de Ganzdagstächen am selwechten Zäitraum vun 1.216 op 1.965 eropgaangen. Dat sinn och nach gutt 60% méi an Zäit vu fénnef Joer, mä et ass awer net ze vergläiche mat der Explosioun am Secteur vun de Soins à domicile. En ähnleche Boom verzechnen och d'Structures semi-stationnaires, dat heescht d'Centres de jour.

Ech mengen, mir sinn eiser eelerer Generatioun an och eiser jonker Generatioun et schëlleg, dës Evolutioun am A ze behalen. Et ass och an deem Kader, datt ech meng Bedenken zu der Estimatioun hunn, déi ech virdrun zitéiert hunn.

Den 1. Januar 1999 hate mer 2.562 Better an Altersheemer an 975 Better a Maisons de soins. Den 1. Juli 2003 hate mer 3.239 Better an eise 34 Altersheemer an 1.266 Better an eise 15 Fleegeheemer. Déi Zuelen, déi mer de Mëtteg kritt hunn, weisen, datt eben 2004 schonn d'Unitéiten ëm 300 Stéck eropgaange sinn. D'Zëmmere waren zu 96% respektiv zu 97% beluecht, a mir stelle fest, d'Regierung huet an deene leschte Jore vill Efforten an deem Beräich gemaach. Mä firwat gëtt et dann nach ëmmer déi laang Waardelëschten? Firwat gëtt et ëmmer nees dramatesch Situatiounen an de Familljen, wann ee Member stënterlech an eng Institutioun goe muss, well en doheem net méi liewe kann? Firwat muss een dann all Haus eenzel ofklappen? Firwat muss ee ganz oft politesch Gréissten aschalten - wann een dann eng politesch Gréisst kennt?

#### (Interruption)

Firwat steet zum Beispill op der Homepage vun der ALA, der Association Luxembourg Alzheimer: „Folgende Pflegeheime führen eigene Wartelisten, bei diesen Heimen ist es ratsam, den Patienten auf die Warteliste eintragen zu lassen, auch wenn die Aufnahme erst zu einem späteren Zeitpunkt eventuell erfolgen soll (...)“. An an den Informationsblieder vun de CIPAë steet alt emol: „Ügемеллт sinn heescht net kommen ze müssen.“

#### (Hilarité)

Wat ass da mat deenen 350 Leit, déi 2004 op der Liste d'attente vun der Péitenger Maison de soins stoungen? Sinn esou Waardelëschten net schrecklech onsenéeg? Geet et net meeschtens esou wéi an deem Altersheem, wou ech e bësse méi kënneg sinn: Gëtt ee Bett frai, stelle mer fest, datt eng Rei Leit vun der Waardelëscht bal bëis ginn, datt si elo scho sollen an d'Altersheem goen. Anerer si scho laang an engem aneren Heim. Heiansdo kréie mer och matgedeelt, datt déi concernéiert Persoun scho gestuerwen ass.

Eng seriö Planung gëtt doduerch erschwéiert, datt et der Cellule d'évaluation et d'orientation net erméiglecht gouf, eng vun hiren Aufgaben ze realiséieren, an zwar de centraliser les données sur l'offre en établissements ou en centres de jour ou de nuit. D'Cellule d'évaluation et d'orientation ka keng Donnéeën zentraliséieren, wa se keng Donnéeë geliwwert kritt. Weder d'Fleegeversécherung nach de

Ministère de la Famille kënnen eng Orientatioun an e fräit Bett garantéieren. Dat ass mindestens geenesou vill e Problem vun enger zentraler Ulaflaz, déi net funktionéiert ewéi vun ze mann Capacitéiten.

Firwat ginn nach ëmmer Leit an d'Ausland?

Am Rapport général de la sécurité sociale vum November 2004 - doraus hunn ech iwwregens och all meng aner Donnéeën - gëtt et am Ganzen 241 Demandeurs vu Leeschtunge vun der Fleegeversécherung, déi am Ausland an engem Établissement d'aides et de soins liewen, 135 an Däitschland, 93 an der Belsch, 13 a Frankräich. Natierlech ass et oft de Leit hire Choix fir an d'Ausland ze goen, deen heiansdo och mat finanziellen oder ierfschaftleche Grënn zesummenhängt. Mä, dat ass awer net ëmmer de Fall. Oft fannen d'Leit hei am Land dee Moment kee Bett, wa si eent brauchen.

Eng aner relativ rezent Entwécklung kritt och ëmmer méi Bedeitung. D'Schafung vu Seniorewunnungen, déi sech zwar un eischer Stell u rüsteg a valid Seniore wenden, deenen hiert erklärent Zil awer ass, hire Bewunner eng méiglechst laang Autonomie an hirer neier Wunneng ze garantéieren. Ech denken do un d'Haus Sisy Lentz, dat elo viru kuerzem zu Bartreng ageweit ginn ass an un e Projet zu Bierschbech bei Miersch, wou ënner privater Initiativ eng gutt 30 senioregerecht Wunnenge gebaut ginn. Där Beispiller gëtt et bestëmmt nach vill méi.

Och hei froe mir eis, wéi wäit de Stat esou eng Wunnform ka fördern. An dass esou Seniorewunnungen en Afloss op d'Populatioun vun den Altersheimer hunn, schéngt eis evident.

Fir ofzeschléissen erlaabt mer nach eng Remarque zu deenen 20 oder 30% vun den Onkäschte, wou de Stat net dru participéiert. Dës 20 oder 30%, ech ginn emol dovun aus, dass et gutt Grënn gëtt, dass déi eng 20 an déi aner 30% musse bäidroen, ginn zum Deel och vun de Gemenge bäigeluecht.

Grondsätzlech hu mir Gréng kee Problem domat, wann d'Gemengen sech un den Infrastrukture fir Senioren an hirer Region bedeelegen. Iwwert de Schlëssel vun dëser Bedeelegung misst een awer emol eng Kéier nodenken. Et wier vläicht méi gerecht, wann et zu enger Onkäschtebedeelegung no engem Awunnerschlëssel géing kommen. Am Moment keeft eng Gemeng sech mat esou vill Better an, wéi se mengt der ze brauchen. Dobäi kann et jo awer net esou sinn, dass eng Gemeng ganz eleng iwwert déi Better kann decidéieren, wou si sech dru bedeelegt huet.

Ech ginn dovun aus, dass et zu Jonglënster net anescht geet wéi zu Miersch. Wa keen Interesséierten aus der Gemeng do ass, deem dat fräit Bett eigentlech zur Verfügung steet, da bleift dat Bett dofir awer net eidel, da si mer alleguer solidaresch, an da kënnst eben en anere Mënsch an dat Zëmmer. An een, deen dat net versteet, dee muss ee vläicht drun erënneren, dass de Stat jo schlësslech och mat 70 bis 80% un all Zëmmer bedeelegt ass, an dass mer eis einfach keng eidel Better leeschte kënnen.

Wéi gesot, déi Gréng stëmmen déi dräi Projete mat. Mir erwaarden eis awer e kritesche Suivi vun der Entwécklung am Senioren- a Fleege-secteur, fir dass mer net riskéieren deier Feelplanungen ze maachen.

An an deem Sënn, fir dass mer och eppes hei zréckbehalte wat eis drun erënnert, dass mer wëllen dee richtege Suivi maachen, déposéieren ech eng Motioun am Numm vun der grénger Fraktioun, wou mer, aus deenen Ursachen, déi ech a mengem klenge Referat hei opgezielt hunn, d'Regierung in-

vitéieren, dass all d'Acteure vum Familljeministère, vum Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale a vum Ministère des Travaux publics solle bei der Planung vun esou Institutione méi enk zesummeschaffen.

Mir hätten och gären, dass d'Zesummenaarbecht vun all deene verschiddenen Acteuren um Niveau vun der Gestiou vun de Capacités d'accueil an den Institutione soll verstärkt ginn.

Voilà, ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

#### Motion 1

##### La Chambre des Députés,

- *saluant la politique d'investissement du Gouvernement en matière d'institutions d'accueil pour personnes âgées;*

- *soulignant la nécessité d'une mise en place d'infrastructures de qualité et économiquement efficaces;*

- *estimant que lors de la planification en matière d'institutions d'accueil pour personnes âgées, une étroite collaboration des différents acteurs (Ministère de la Famille, Ministère de la Sécurité Sociale; Union des Caisses de Maladie et Cellule d'évaluation et d'orientation de l'assurance dépendance, Ministère des Travaux publics) est indispensable;*

- *estimant qu'une bonne planification nécessite des statistiques fiables sur les besoins réels;*

- *estimant que la gestion des listes d'attentes en matière d'institutions d'accueil pour personnes âgées doit se faire dans un esprit de transparence et d'efficacité et qu'il faut donc éviter les multiples inscriptions,*

*invite le Gouvernement*

- *de renforcer la collaboration de tous les acteurs au niveau de la planification des institutions d'accueil pour personnes âgées;*

- *de renforcer la collaboration de tous les acteurs au niveau de la gestion des capacités d'accueil des institutions pour personnes âgées.*

(s.) Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Viviane Loschetter.

**M. le Président.** - Merci, Här Adam. Als leschte Riedner ass den honorablen Här Aly Jaerling age droen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

**M. Aly Jaerling (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virop wëll ech och deenen Damme Rapportrice félicitéiere fir hiren ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport an deenen dräi kumuléierte Projeten hei.

Wat de Projet 5370 ubelaangt, am Zesummenhank mat den Transformationen an dem Ausbau vun der Maison de soins zu Péiteng, gëtt et keng Objektioun vun eiser Säit, esou dass mer do eisen Accord kënnen ginn.

Och de Projet 5372, wat de Bau vun engem Centre intégré fir eeler Leit zu Mamer betrëfft, ka vum ADR ouni Bedenken akzeptéiert ginn, an de Projet 5369 am Zesummenhank mat der Participatioun vum Stat um Bau vun engem Centre intégré fir eeler Leit zu Jonglënster gëtt eis och keen Ulass zu Bedenken.

Begrëssenswäert ass bei deene Projeten, dass am Fong versicht gëtt, esouwuel Fräizäitaktivitéite fir déi eeler Leit mat anzebauen, awer och d'Verbindung gesicht gëtt zu deene Jonken, fir eben duerch d'Liewensfreed vun de Kanner deenen eelere Leit och e bësse méi Liewensfreed nach mat op de Wee ze ginn. Dat schéngt mer déi

richteg Approche ze sinn an dat sollt och eiser Usicht no an deem Sënn weidergoen.

Am Projet vu Jonglënster, hunn ech gelies, ass och d'Renaturéierung vun der Schwaarzer Ern mat ernimmt, mat enger Rei vun ökologeschen Opwäertungen, déi mat der Renaturéierung zesummenhängen. Do stellt d'Fro sech: Gëtt d'Ernz elo gläichzäiteg mat der Realiséierung vun deem Projet renaturéiert? Da misst jo awer och do iergendwéi schonn e Projet virleien.

D'Fro stellt sech och, ob dann net vläicht muss e Remembrement gemaach ginn, well d'Bett vun der Ern jo forcément muss méi breet gemaach ginn, an dann eben op Terrainen iwwergräift, déi vläicht elo net am Stat senger Hand sinn, a wou ee sech och d'Fro stelle muss, ob déi Renaturéierung esou no bei der Quell vun der Ern sënnavoll erschéngt, well riskéiert gëtt, dass dat Ganzt sech zu engem breeden Dëmpel entwéckelt, wann net vill Waasser do ass, a sech wierklech am Fall vu Waassermangel kënn zu engem bakterielle Problem entwéckelen, deen esou no bei engem Altersheim awer déi eng oder aner Problemer kënn opwerfen, wou ech awer elo net wëll gesot hunn, dass mer géint déi Renaturéierung sinn, mä wou een awer misst déi Froe klären, ier domadder ugefaange gëtt.

Här President, säit enger Rei vu Joren, haaptsächlech säit der Aféierung vun der Fleegeversécherung, sécher awer och scho virdrun, versiche mer deenen effektive Besoinë vu Fleegebetter gerecht ze ginn, dat fir ze verhënnern, dass eis eeler Leit sech mussen am Ausland fleege loosse, mat deene Konsequenzen, déi mer kennen, awer och fir eise Leit hei am Land alleguer d'Méiglechkeet ze ginn, fir e rouege Liewensowend ze verbréngen.

Säit 1999 hu mer dofir och eng Rei Projeten hei gestëmmt, mat deenen zwee haut eelef fir de Bau vu Centres intégrés an der véier mat deem haut fir den Ausbau oder d'Moderniséierung. Mir hunn also versicht mat der Participatioun vum Stat de Besoinë gerecht ze ginn. D'Fro, déi opsteet, ass: Wéini ginn déi Centres gebaut, respektiv, wéini ginn déi fäerdeg, déi schonn am Bau sinn?

D'Fro, déi hei opgeworf ginn ass vum Här Adam, Spriecher vun de Gréngen, wéi vill Fleegebetter dass mer effektiv brauchen, ass keng statistesch Fro, et ass menger Usicht no eischer eng grouss gesellschaftspolitesch Fro, wou mer musse kucken a wat fir eng Form vu Familljestructuren dass mer an Zukunft eraginn, dass mer kucken am Zesummenhank mat gesonde Famillje versichen emol an enger eischer Phas déi eeler Leit esou laang wéi méiglech an hirer Famill ze halen an dann duerno ze kucken iwwert d'Heemfleege se nach an enger weiderer Phas doheem kënnen ze fleege. Dat géif dann zum Beispill mat sech bréngen, dass mer do och e Regulierungsfaktor hunn, wou mer spéider manner Fleegeheimer brauchen.

Well et geet net duer zeg Projeten ze stëmmen an domadder de Leit den Androck ze ginn, dass de Problem vun de Fleegebetter geléist gëtt, dass et awer nach zéng Joer dauere ka bis eng effektiv Erlichterung kënn, well d'Zuel vun de Fleegefall net méi kleng wäert ginn an doduerch de Besoin weider klëmmt. Dofir eng kloer Fro un d'Regierung: Sinn an deene Spezialfonge fir d'Finanzéierung vun de Fleegeheimer, respektiv de Centres intégrés iwwerhaapt nach Sue genuch, fir déi gestëmmte Projete kënnen ze realiséieren? Wéi vill Sue sinn nach an deene Fongen, a wann der net méi genuch dra sinn, kann d'Regierung eis da soe wéi se gedenkt déi Projeten ze finanzéieren, déi mer elo hei masseg stëmmen, wou jo awer déi finanziell Moyene mussen do sinn, fir se effektiv kënnen ze realiséieren?

Här President, ech wëll dës Geleeënheet awer net verpassen, fir och emol e puer prinzipiell Froen opzwerfen am Zesummenhank mat de Centres intégrés. Ech ginn de Verdacht net lass, dass déi sech ëmmer méi an eenzeg Maisons de soins verwandelen, dat aus der Ursach, well d'Fraisé vum Personal, wat gebraucht gëtt, fir d'Soine vun de Fleegefall ze garantéieren, ebe vun der Fleegeversécherung iwwerholl ginn, an doniewent d'Personal fir déi reng Altersheimstrukture vun de betraffenen Etablissementer selwer muss gedroe ginn. Ech schwätzen elo net vun deene Projeten, déi mer haut stëmmen, mä ech schwätzen am Fong vun deene Fleegeheimer, déi scho realiséiert sinn, also deene Centres intégrés, déi scho bestinn.

Gëtt et an deem Zesummenhank eng Kontroll, fir do eventuell Ausschreitungen ze vermeiden? Dat ass am Fong déi Fro, déi ech stellen. Gëtt et eng Kontroll oder ass der Regierung bekannt, dass dat effektiv an der Praxis esou gehandhabt gëtt? Et gesäit ganz esou aus, dass wa Leit an déi Centres intégrés erageholl ginn, dat ëmmer méi Fleegefall sinn, an dass déi Leit, déi am Fong einfach wëllen an en Altersheim goen, fir eben do ze bleiwe bis zum Schluss, net méi esou an deene Centres wëllkomm sinn.

Net verfeelee wëll ech awer och, fir iwwert d'Hébergementspräisser an deene eenzelnen Etablissementer, déi Alters- a Fleegefall betreiën, e puer Wuert ze verléieren.

D'Präisser fir den Hébergement variéiere laut dem Rapport vun 2001 zwëschen 1.250 an 2.500 Euro. Den Etablissementer steet et fräi hir Präisser selwer festzeleeën. Do kéint een elo einfach soen, datt do de fraie Marché spillt, wann net do awer ee Phenomeen wier, dee mech awer onheemlech stéiert. Wann nämlech e Pensionnaire an esou engem Etablissement net genuch Moyenen huet, fir deen Hébergement aus senger Täsch ze bezuelen, da muss de Stat d'Differenz bäileeën.

Déi Etablissementer fixéieren also hir Präisser an der Gewëssheet, datt, egal wat se froen, de Stat bis zu enger bestëmmter Zomm d'Differenz iwwerhëlt. An hei misst menger Usicht no de Stat a sengem Interesse, am eegenen Interesse, awer och am Interesse vun de Steierzueler méi reguléierend agräifen an eng kloer Berechtigung vun de Präisser vun deenen Etablissementer fir hiert Hébergement verlaangen. Ebe well de Stat och de gréissten Deel vum Finanzement vun deem Ganzen dréit, awer och well de Käschtepunkt vun de Better, déi offréiert ginn, jo zimlech an all Etablissement bal dee gläichen ass.

Här President, e leschte Punkt awer, dat sinn d'Soins à domicile, déi och zum Sujet vun de fleegebedürfte Leit gehéieren. Well wat mer méi Leit, wéi ech scho gesot hunn, méi laang doheem kënnen fleege, wat mer manner Fleegebetter brauchen, wat also heescht, dass mer manner Finanzmëttel brauche fir eben d'Fleege ze garantéieren.

Éischters emol wëll ech nach emol déi Stopauerfleege, déi den hëllefbedürfte Leit zougemutt gëtt, hei offiziell emol uprangeren. Et ass souwuel fir de Fleegebedürftegen onmënschlech no engem Terminplang gefleegt ze ginn, mä och fir d'Fleegepersonal, dat ganz oft staarke Constraints ausgesat ass, fir déi Terminer ze respektéieren. Et huet een heiansdo den Androck, wéi wa méi d'Terminer gefleegt géife gi wéi d'Mënschen.

Do derbäi kënn nach: Alles wat net direkt mat der medezinescher Fleege ze dinn huet, muss vun Patient bis op dee leschten Cent bezuelt ginn. Et ass einfach net méi zoomutbar, datt fleegebedürfte Leit mussen zum Beispill d'Hänsche bezuelen, déi d'Fleegepersonal undeet, oder souguer



mussen dofir bezuelen, wann d'Fleegepersonal hinnen hir Medikamenter doséiert, respektiv eng Medikamentebbox zesummestellt, wat jo awer misst eigentlech zur Fleege gehéieren.

Ass et net traureg, datt zum Beispill eng fleegebedürfteg Fra souguer muss bezuelen, wann d'Fleegepersonal hir mam Kamp eng Kéier duerch d'Hoer fiert oder soss nach eng Klengegkeet mécht? An et ass scho virkomm, an ech mengen déi Leit, déi um Terrain schaffen, déi wëssen dat, an och d'Regierung weess dat, dass déi Fleegebedürfteg Rechnunge geschéckt kréien, déi bis zu 800 Euro pro Mount ausmaachen, fir Saache vun deenen se mengen, se hätte mat hirer Fleege ze dinn an déi se awer aus hirer eegener Täsch musse bezuelen, ebe well se net genuch opgekläert sinn, wat se dann eigentlech zegutt hunn am Kader vun der Fleegeversécherung, fir där hiert Finanzement jo awer trotzdem jiddfereen 1% vu sengem Revenu muss ofrieden.

Fir mech grenzt dat do schonn e bëssen un Ausbeutung grad un deene Leit, déi duerch hiert Gebriechen sech net kënne géint eppes wieren oder net fäeg si grad nozevollzéien, wat dann eigentlech mat hinne geschitt. Dofir missten déi ganz Soins à domicile, déi am Kader vun der Fleegeversécherung bestinn, grondleeënd iwwerduecht ginn an dem wierkleche Besoin vum Patient ugepasst ginn.

Et muss awer och dofir gesuergt ginn, dass d'Fleegepersonal ënner mënschewierdege Konditiounen ka schaffen. Och wann hei elo Chiffré gesot ginn, deenen no ëmmer méi Fleegepersonal agestallt gëtt an ëmmer méi Fleegepersonal zur Verfügung steet, esou wëllt dat nach laang net heeschen, dass déi Leit ënner mënschewierdege Konditiounen schaffen, well et sinn der nach ëmmer net genuch.

Wann Der déi Leit um Terrain frot, da kënnen déi lech e Liddchen dovunner sangen, ënner wat fir enge Contrainten, dass se vun engem Patient bei deen anere musse lafen, fir hiren Terminplang owes iwwert d'Bühn ze kréien. Déi Leit, déi hir Aarbecht da ganz seriö maaachen, déi schaffen dann ebe méi laang an déi kréien dann och awer emol dofir keng Iwwerstonne bezuelt. Déi mussen sech einfach un de Plang halen. Ech fannen dat einfach onmënschlech an och deem Personal do géigeniwwer onwierdeg.

Et därff och net méi sinn, datt einfach fir den Dagespensum kënnen ofzewéckelen, duerch de Stress, deen opkënnit duerch d'Stopauertimer, riskéiert gëtt, dass de Patient drënner leit an datt dramatesch Situatiounen kënnen Entstoen - an där Fäll ware schonn -, dass einfach versicht ginn ass de Pensum erofzerasselen an dass dann déi eng oder aner Betreierung vergiess ginn ass oder einfach iwwersi ginn ass.

Als Konkusioun wëll ech ofschléissend soen, et wier noutwendeg erëm eng déif gräifend Diskusioun ze féieren iwwert déi ganz Problematik vun der Fleege, an dat am Interesse vun de Patienten. Et därff net méi sinn, datt duerch ze vill restriktiv Fleegepläng Patiente Schued erliden. Esou wéi et och net méi därff sinn, datt an de Centres intégrés nach just gesuergt gëtt fir Fleegefall ze héiberéieren, well d'Fleegeversécherung hei d'Fraisén dréit. Esou wéi et och net méi därff sinn, datt déi betreffen Etablissementer kënnen Héibergemetspräisser fixéiere wéi se wëllen, an datt de Stat muss de Supplément oder den Ennerscheid droen.

Dat gesot wier ech frou, wa mer an der zoustänneger Kommissioun kënnen dës Problematik eng Kéier an aller Serenitéit ugoen an der Chamber, an an engem Rapport déi néideg Konkusiounen a gewünschten Objektivier kënnte virleeë fir eben an der Fleege nei

Weeër ze goen am Interesse vum Patient.

Dat gesot, hoffen ech, datt all Projeten, déi mer gestëmmt hunn, och schnellstméiglech kënne realiséiert ginn, an ech kann och do soen, dass mer déi dräi Projete stëmmen an och déi Motioun vun de Grénge wäerten ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci.

**M. le Président.**- Merci, Här Jaerling. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Negri agedroen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

**M. Roger Negri (LSAP).**- Merci, Här President. Här President, Dir Damm an Dir Hären, ech wëll der Rapportrice Merci soe fir hiren excellente mëndlechen a schrëftleche Rapport an och dass si sech mat mir zesummen de Projet zu Mamer op der Plaz am Virfeld vun deem heitege Vote zesummen ugekuckt huet. Mam Projet de loi 5372 gëtt haut déi lescht legislativ Etapp vum Centre intégré pour personnes âgées vu Mamer ofgeschloss.

Als Bauteschäfte vun der Gemeng Mamer freet et mech, dass meng Kolleegin Claudia Dall'Agnol mir ofréiert huet an hirer Plaz haut iwwert dësse Projet schwätzen ze dierfen, engem Projet - dat wëll ech betounen -, deen eng regional Vokatioun huet, also fir d'Wuelbefannen am Alter suert fir d'Biergerinnen a Bierger vu Mamer an der Region ronderëm.

Et gëllt hei mat dësem Projet de loi dat ursprénglecht Gesetz vum 20. Dezember 2002 unzepassen. Dës Upassung gouf noutwendeg duerch eng Rei vun Ännerungen, déi gemaach goufen an déi natierlech och weider Käschte mat sech bréngen.

Et sinn am Laf vun de Joren eng ganz Rei vun neien Erkenntnisser entstanen, besonnesch duerch den Emstand, dass d'Leit ëmmer méi spët an d'Altersheimer ginn. Et ass wëssenschaftlech bewisen, dass dëst och gutt fir d'Vitalitéit vun de Leit ass,...

**(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)**

...awer net zulescht gëtt et méiglech duerch d'Fleegeversécherung, duerch déi d'Leit och doheem kënne gehollef kréien, dass d'Moyenne d'âge an den Altersheimer ëmmer méi héich gëtt.

Dee Moment, wou d'Gebai zu Mamer geplangt ginn ass, louch d'Moyenne d'âge vun de Leit, déi an en Altersheim gaange sinn, nach bei 80 Joer. D'Moyenne d'âge vun de Pensionnären am CIPA vu Mamer läit haut op den Dag genau bei 86 Joer. Fir dëser Evolutioun Rechnung ze droen huet de Familljeministère zesumme mat der Gemeng Mamer a mat der Kongregatioun vun de Franziskanerinnen, déi no enger europawäiter Ausschreiwung als Gestionnaire ausgewielt ginn ass, et fir richtig gehalen am Detail de Projet duerchzegoen an d'Fonctionnalitéit an d'Utilisatioun vun alle Raimleckeeten nach eng Kéier ze iwwerdenken.

Als Fallbeispill wëll ech hei ernimmen, dass et sech eriiwwregt huet op all Stack eng Partie Kichen ze installéieren, mä dofir gëtt eng gutt koordinéiert Zentralkichen installéiert. Doduerch gëtt engersäits d'Prise en charge vun de Pensionnairé vereinfacht an op där anerer Säit konnt d'Capacitéit vum CIPA eropgesat ginn; amplaz vun 120 Pensionnären kënnen elo am Ganzen 138 Pensionnären am Mamer CIPA wunnen.

Ech wëll a Saachen Architektur och nach eng Kéier ënnersträichen, datt déi ursprénglech geplangten 120 Eenzelzëmmer mat enger Surface vun 31,8 m², dovunner 6,4 m² fir d'Buedzëmmer, grousszügeg geplangt sinn an dass am Ganzen en héije Wäert op Confort a Liewensqualitätéit geluecht ginn ass.

An dësem Konzept gëtt et an eise CIPA zu Mamer zum Beispill och e Coiffeur, e Restaurant an e ganz schéine japanesche Gaart, déi zesumme fir eng flott Ambiance suergen.

Am Ganzen huet de CIPA zu Mamer 37,6 Milliounen Euro kascht. Mam Gesetz, dat mir haut wäerten ofstëmme, soll d'Participatioun vum Stat op 23,6 Milliounen Euro eropgeschrauft ginn. No engem deelweise Remboursement vun der TVA gëtt e Rescht, ronn 10,8 Milliounen Euro vun de Gemenge Mamer, Kielen, Kënzeg, Dippech, Garnech, Koplescht, Stroossen a Simmer finanzéiert, wouvunner eleng 6,5 Milliounen Euro op de Kont vun der Gemeng Mamer ginn. Dat sinn héich Zommen, mä am Hilbléck op d'Wuelbefanne vun eisen eelere Matbirger ass dësse Projet en absolut berechtigten a wichtigen Investissement.

D'Diere vum CIPA sinn den 1. Abrëll 2004 a Presenz vun der Madame Ministesch Marie-Josée Jacobs opgaangen, an op den Dag vun haut wunnen 122 Pensionnären am Mamer CIPA, wouvun 99 Pensionnairé Fraen an 23 Pensionnairé Männer sinn. Vun där Zuel vu Pensionnairé brauchen 59 Leit Soinen an der Geriatrie. Et ass virgesinn, dass de Betrib ab deem nächste Mount au complet, also mat 138 Pensionnären, fonctionnéiert.

Ech wëll hei ënnersträichen, dass dës CIPA sech exemplaresch an den Zentrum vu Mamer integréiert. D'Lag bei der Mamer Gemeng, dem Mamer Schloss an dem Naturpark Brill garantéiert eng héich Liewensqualitätéit. D'Leit, déi am CIPA wunnen, bleiwen domadder an direktem Kontakt mam gesellschaftleche Liewen an der Gemeng, an dat ass eng ganz wichteg Konditioun fir sech wuel ze fillen.

Iwwregens fonctionnéiert am CIPA zu Mamer och e Foyer du jour mat engem Centre psycho-gériatrique, deen den 19. November 2004 a Presenz vun eiser Familljeministesch ageweit gouf. De Foyer du jour, dee vun „Hëllef doheem“ bedriwwen gëtt, ass vum Ministère de la Famille agréiert gi fir eng Capacitéit vun eelef Still, déi vun 39 Persounen an Usproch geholl ginn. Dës Persoune komme gréissten-deels nëmmen e puer Deeg an der Woch an de Foyer a setze sech de Moment aus 24 Fraen a 15 Männer zesummen, wouvun 33 Persoune Soiné brauchen. De Moment fonctionnéiert de Foyer du jour während fënnef Wochendeeg an ab dësem Summer wäert och samschdes op sinn.

Engersäits ass mat dësem zousätzleche Projet de loi duerch eng méi héich Bettenzuel fir insgesamt 138 Leit an anersäits duerch d'Schafe vun engem Foyer du jour fir 39 Leit, am Total also fir 177 Leit amplaz vun deenen am initiale Projet virgesinnene 120 Leit, wou ausserdeem och nach zousätzlech 60 Aarbechtsplaze geschafe gi sinn, insgesamt eng echt Plus-value fir de Mamer CIPA a seng Biergerinnen a Bierger geschafe ginn.

An deem Sënn ginn ech hei den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Merci, Här Negri. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Angel agedroen. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

**M. Niki Bettendorf (DP).**- Här President, schreift mech nach op, ech muss nach eppes Klenges soen.

**M. le Président.**- Très bien. Den Här Bettendorf schreibe mer och nach an.

**M. Marc Angel (LSAP).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt emol der Rapportrice Merci fir hir gutt Aarbecht. Zënter bal 20 Joer bedreift Lëtzebuerg eng Politik vum drëtten a vum véierten Alter, déi jo nieft dem Maintien à domicile als éischt Zil och nach d'Zuel vun de Wunnenge, wou eeler Leit kënne wunnen, eropschrauft. De CIPA zu Jonglënster schreift sech natierlech an dës Politik an. Dës Politik, esou vill wéi ech dat matkréien, huet jo och e Konsens an der Kommissioun gehat, iwwer all Parteien eraus.

Interessant ass och déi Kaart, déi mer vun der Madame Ministesch virdrun ausgedeelt kritt hunn, wou ee gesäit, dass an deenen zwielef Kantone vun eise Land iwwerall där CIPAE stinn. An en aneren Detail wat mer opgefall ass: Ech sinn elo véier Méint hei an deem Haus an dat hei ass dee sechste Projet vu CIPAE a Maisons de soins, dee mer stëmme. Ech mengen dat soll een och ervirsträichen! Eleng haut stëmme mer jo of iwwer 187 Better.

Mir kruten de Projet ganz am Detail virgestallt. Ech wollt nach eng Kéier drop agoen, dass jo déi zwou Partei Gebaier sinn, deen een Deel fir déi Leit, déi nach besser sinn, an deen aneren Deel fir déi Leit, déi nach méi Fleege brauchen. Ech mengen, d'Kohabitatioun gëtt sécherlech eng Erausforderung fir déi Leit, déi do schaffen an déi dat hei ze leeden hunn. Am Exposé des motifs steet, an och d'Rapportrice huet eis gesot, dass d'Rout Kräiz jo do eng ganz Rei flott Konzepter huet fir déi Kohabitatioun ze sécheren.

De CIPA zu Jonglënster huet sécher och eng regional Vokatioun. En integréiert sech perfekt an d'Uertschaft, an dat ass jo och wichteg fir déi Leit, déi do wunnen, dass déi am Kär vun enger Uertschaft kënne liewen. Fir eis absolut wichteg an ervirzepräichen ass de Fait, dass de CIPA zu Jonglënster an déi nei Schoul, wéi schonn aner Riedner et och gesot hunn, nieftenee leien. Dëst erméiglecht e Kontakt.

Mä ech wëll awer ënnersträichen, dass dee Kontakt zwëschent de Generationen net ëmmer vum selwe geet, an ech mengen, dës Situatioun ass eng eenzegaarteg Geleeënheet fir am Kader vun engem Projet dësse Kontakt an dës Echéngen zwëschent de Generationen geziilt ze encouragéieren an ze encadréieren. Al a Jonk zesummen, ech mengen dat ass eng Devise, déi an deem Kontext ganz wichteg ass.

Erlaabt mer nach e puer Detailler, déi haut nach net gesot gi sinn, wat d'Baukäschten ubelaangt. Dovunner ginn 33% eleng an d'Technik. Ech mengen dat ass interessant. Den Terrain ass och relativ grouss, wat ech och gutt fannen. Et ass en oppenen Espace vun 1,24 Hektar, an och dee soll genotzt ginn als Espace de rencontre zwëschent de Leit aus der Uertschaft an deene Leit, déi am CIPA wunnen.

Da vläicht d'regional Vokatioun nach eng Kéier kuerz ugeschwat. 80% bezilt jo de Stat an dann 20% déi Gemengen, déi matmaachen, an do wollt ech soen, dass Jonglënster 40 Better huet, Betzder 10, Konsdref 6, Waldbëlleg 4, Fëschbech 2, d'Fondation Félix Chomé huet der 10 an d'Rout Kräiz der nach 28. Dat sinn dann insgesamt déi 100 Better vun deene mer jo hei schwätzen.

Ofschléissend wollt ech dann nach selbstverständlech och den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet 5369 ginn. Merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Merci, Här Angel. Dann als allerleschte Riedner ass den honorabelen Här Niki

Bettendorf ageschriwwen. Här Bettendorf!

**M. Niki Bettendorf (DP).**- Merci, Här President. Dir kënnt lech jo virstellen, dass ech perséinlech déi Projeten, déi mer haut hei stëmme, och vun Härze gäre matdroen,...

**(Hilarité)**

...well jiddfereen weess jo wat mir a puncto Altenfleege an der Gemeng Bartreng an der Vergaangenheet schonns realiséiert hunn.

Et sinn e puer Saache gesot ginn, mengen ech, virun allem vum Kolleeg Adam vun deene Grénge, déi een net onbedéngt esou kann am Raum stoe loosson. Hien huet zum Beispill geschwat dovunner, dass mer an enger Gemeng op d'Welt koumen, do an d'Schoul ginn, do schaffe ginn an och waméiglech sollen do bestuet ginn, jo, an dann och nach herno do gefleeht ginn. Hien huet dat e bëssen a Fro gestallt. Hien huet dat vläicht méi landeswäit gesinn. Hien huet och déi Lëschten a Fro gestallt, déi elo vun den eenzelnen Haiser gefouert ginn. Hien huet éischter enger allgemenger grousser Planung d'Wuert geriet.

Ech muss hien do e bëssen opklären, wéi mer dat hei am Land an der Zäit haten. Mir haten eng Lëscht, déi huet deemools beim Ministère vun der Santé fonctionnéiert, oder sollt do fonctionnéieren. Wann Der dann do ugeruff hutt an Dir hutt gefrot: Dee Wéi villten ass mäi Kolleeg XY op der Lëscht fir an e Fleegeheim ze kommen, da krut een heiansdo gesot, dat ass den 2.385sten. Dann hutt Der misen d'Famill uruffen an der Famill soen, äre Monni oder är Tatta ass den 2.385sten, an ech muss lech soen, datt mer als Chamber kënnen houfrech sinn, dass deen Zirkus eriiwwer ass, dass et dat net méi gëtt.

**(Interruptions)**

Ech muss lech soen, wann Dir en Haus hutt wat ka bewiesen, dass se eng Beleeung vun 98, 99% hunn, a wa se virausgesinn hunn, wa se mat engem zweeten Haus zum Beispill zesummeschaffen, wou d'Leit mat Zäiten ugemellt ginn, wou d'Leit fréi genuch en Dossier ugeluecht kréien. Mir hunn haut Cellule-d'évaluationen, wou déi Leit kënne suivéiert ginn.

Mir haten am Ufank ënnert dem Carlo Wagner, no der Madame Delvaux, eng Cellule d'évaluation. Du krute mer eng zweet. Mir kruten eng drëtt, eng véiert, souguer eng fënneft, ech weess net ob mer souguer haut eng sechst Cellule d'évaluation hunn, wou d'Leit kënen kucken, wéi vill Stonne Fleege dass se brauchen. Dat ass Gott sei Dank net méi esou wéi et war.

Wann een lech héieren huet, dann hätt ee kënne mengen, mir hätten op där enger Säit schonn ze vill Better an op där anerer Säit...

**(Interruption)**

Dir hutt awer gesot, dass der nach iwwer 200 am Ausland sinn. Domadder widderspricht Der lech jo, dass dat wat bis elo geschafft ginn ass, wat haut och nach geschafft gëtt, och nach ëmmer wichteg ass, dass mer musse weider schaffen, vu dass mer nach ëmmer méi eeler Leit wäerten...

**M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).**- Navigation à vue, Här Bettendorf!

**(Interruptions diverses)**

**M. Niki Bettendorf (DP).**- Navigation à vue nennt Dir dat. Da soen ech lech elo emol eppes wat ech fanne wat mer musse méi geziilt kucken, dat ass de Fonctionnement vun de CIPAE. E CIPA, e Centre intégré pour personnes âgées, all Kéiers wann en ufänt wëllt en ufänke mat Leit, déi am Haus sinn, déi valid sinn, an da gi se lues a lues méi al, si hu Recht op méi wéi 15 Stonnen, an da gi se automatesch Fleegefall am Centre



intégré pour personnes âgées. Ech muss lech soen, dass dat e Modell ass, deen ech perséinlech net esou gären hunn.

Ech hunn och versicht, en anere Modell ze konzipéiere bei eis an der Gemeng zu Bartreng. Mir hunn zwee Haiser niewenteneen. Den Här Adam huet geschwat vun de Seniorewunnengen „Sisy Lentz“. Mir hunn awer aner Seniorewunnengen wou 53 Leit kënnen esou wunnen. An déi Leit liewen, déi si valid an déi kréien zur Zäit hir Demande gemaach fir an d'Geriatric eranzekommen, wann ee gesäit au fur et à mesure wéi se méi schlecht ginn. A wa se da wierklech geriatricbedürfteg ginn, da gi se an d'Haus niewendrun.

Mä an deem Haus selwer, an de Seniorewunnengen, do behaalt Der Leit, déi nach valid sinn, well wat geschitt an engem Centre intégré pour personnes âgées? Herno wëllt kee méi dohinner goen, well der esou vill geriatricbedürfteg do dra sinn. Et ass hei gesot gi vun der Moyenne d'âge, déi wäit iwwer 80 Joer ass. Mä an eng Seniorewunneng do kann ee mat 70 Joer dragoen. An dann hutt Der Zäit fir effektiv alles ze kréie wat jiddereen am Land zegutt huet. Hëllef doheem, Aides à domicile, Soins à domicile am Haus selwer, an dat ass e Konzept, mengen ech, wat ee sech kann iwwerleeë vis-à-vis oder niewent deene CIPAE wéi mer se haut kennen.

Ech mengen, et wier gutt, wann een och en anere Modell sech géif iwwerleeën, fir dass déi Haiser awer e bësse getrennt ginn. Et ass haut nach geschwat gi vun zwee Haiser ënner engem Daach. Och dat alles ass gutt, mä ech mengen, mir mussen de Modell CIPA iwwerdenken, well en an Zukunft wäert an eng Richtung féieren, wou mer aus deene CIPAEen a ronderëm nëmme Geriatrië wäerten hunn, an dat mengen ech ass net ganz gutt. Mir sollen eis dat fir d'Zukunft nach weider iwwerleeën.

Ech soen lech Merci fir d'No-lauchteren.

**M. le Président.-** Merci, Här Bettendorf. Domat ass d'Diskussion definitiv ofgeschloss. Den Här Minister Biltgen freet d'Wuert.

**M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.-** Ech wollt just nach kuerz Stellung huelen. D'Madame Jacobs ass jo leider verhënnert. Si huet och schonn am Ufank e puer Saache gesot.

Just e puer Punkten. Deen éischten ass deen, dass ech ganz frou sinn, dass mer elo während praktesch zéng Joer hei versicht hunn déi Besoinen, déi ganz dramatesch waren, opzeschaffen. Dir hutt och de Plang ausgedeelt kritt wéi sech d'Land ewell weist a wa mer dovunner ausginn, dass mer wa mer elo nach weider bäigebaut hunn, ronn 6.000 Plazen hunn, da leie mer wesentlech iwwert der Moyenne vun Europa, esou dass mer och do dann net méi an där Noutsituatioun sinn, déi mer fréier kannt hunn.

Natierlech gétt et ëmmer, an ech mengen et sinn eng ganz Partie Orateuren, déi aus hire prakteschen Erfahrungen drop higewisen hunn, Fäll, déi elo net direkt dohinner komme wou se wëllen, am Noutfall dohinner kommen.

Mir hunn och effektiv nach ëmmer Leit am Ausland, notament an der Belsch, wat awer oft zwou Ursachen huet. Dat heescht, eng Partie Leit wëssen net, dass wa se net genuch Suen hunn, de Fong hinnen hëlleft fir hei d'Pensionspräisser ze bezuelen. Dat soll een och deene Clienten, déi ee kennt, déi Problemer hunn, déi fäerte si géifen net ënner Daach komme weinst dem Präis, soen, dass de Fong do een ënnerstëtzt. Da gétt et natierlech Fäll, dat kann een och net évitéieren, déi aus lerschaftsgrënn léiwer an engem anere Land si wéi an eisem.

#### (Hilarité)

Si sinn net all an Ärem Fall, Här Grethen, op der Welt.

#### (Hilarité)

Mä do ginn et aner Fäll. Et ginn aner Virzeechen heiansdo.

#### (Interruption)

Ma da si mer och zefridden, well mer géifen lech nach gär laang halen.

Dann ass d'Fro gestallt gi vun der zentraler Waardelëscht. Dat wier wëschenswäert. Dat ass natierlech schwiereng, well mer eben hei eng Partie Intervenanten hunn. Mir hunn notament d'Fleegeversécherung a viles leeft méttlerweil iwwert d'Fleegeversécherung. Mir hu staatlech Haiser, also öffentlech Haiser a mir hu Privathaiser, esou dass dat nach wie vor net esou einfach ass do op eng Gesamtlëscht ze goen.

Dann ee leschte Punkt, deen opgeworf gouf, ass dee vun de Suen. Si genuch Suen do? Jo, fir alles wat mer haut stëmme si Sue virgesinn. Mir hu jo de Fong. Dee Fong gesäit an engem Méijoresplang och eng Moyenne vu 60 Milliounen pro Joer vir, esou dass op alle Fall de Finanzement vun dësen Infrastrukture garantéiert ass.

Da wollt ech lech och soen, dass d'Regierung kee Problem huet fir déi Motioun vun Här Adam unzëhuelen. Natierlech ass dat net ëmmer einfach ze maachen, all déi Leit do un den Dësch ze bréngen, an dat nach besser ze maachen, mä ech mengen, et soll een ni seng Efforten opginn, fir eppes nach besser ze maache wéi et haut ass. An deem Sënn huet d'Regierung absolut keng Schwieregkeet wann d'Chamber géif déi Motioun unhuelen.

**M. le Président.-** Merci, Här Minister.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5370 iwwert d'Fleegeheim zu Péiteng.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass à l'unanimité mat 60 Stëmmen ugehoill.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koulen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par M. Norbert Hauptert), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Michel Wolter), Marc Spautz, Mmes Martine Stein-Mergen, Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel (par M. Emile Calmes), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Henri Grethen), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5372 iwwert d'Altersheim vu Mamer. Den Text steet am Document parlementaire 5372<sup>2</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass à l'unanimité mat 60 Stëmmen ugehoill.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koulen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par M. Marcel Oberweis), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Norbert Hauptert), Marc Spautz, Mmes Martine Stein-Mergen, Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Lydie Err), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Emile Calmes), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Camille Gira), Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Felix Braz), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5369 iwwert d'Altersheim vu Jonglënster.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass à l'unanimité mat 60 Stëmmen ugehoill.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koulen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par M. Lucien Clement), François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz, Mmes Martine Stein-Mergen, Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Emile Calmes), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Camille Gira), Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Felix Braz), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen dann nach zur Ofstëmmung vun der Motioun, déi vun dem honorablen Här Adam abruecht ginn ass. Ech denken, dass dozou d'Positioun kloer sinn. D'Regierung huet déi Motioun ugeholl.

#### **Motion 1**

Kënne mer par main levée ofstëmmen?

#### (Assentiment)

#### **Vote**

Wann dat esou ass, wien ass d'accord domat?

Ech gesinn, d'Unanimité ass fir d'Motioun vun dem Här Adam.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat heescht zur Diskussioun iwwert de Projet de loi 5413, iwwert déi budgetär Upassung beim Bau vum Concertsall um Kierchbiereg. Et sinn ageschriwwen bis elo: déi Häre Calmes, Diederich, d'Madame Loschetter, den Här Mehlen an den Här Grethen. D'Wuert huet elo fir d'éischt de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

### 6. 5413 - Projet de loi relative à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'une salle de concert à Luxembourg-Kirchberg

#### **Rapport de la Commission des Travaux publics**

**M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, se gläichen sech, déi verschidde Projeten, bei deenen et ëm finanziell Adaptatiounen geet. Et gëtt Erklärungen, et gëtt Explikatiounen, firwat a wuerfir dat eent huet missen esou gemaach ginn, an dat aner esou gaangen ass oder huet missen esou goen. Et kann een dës Explikatiounen an Erklärungen zum Deel verstoen oder och net; Fakt bleift allerdéngs, datt an deem Projet hei ewéi an deene virdrun - an dofir gläichen se sech och - d'Parlament praktesch virun e Fait accompli gestallt ginn ass.

Dee Punkt awer, an deem deen heite Projet sech vun deenen ënnerscheet, déi mer bis elo haten, ass mat Sécherheet déi finanziell Envergure. Am Projet iwwert d'Salle de concert geet et ëm déi stattelech Zousazzomm vun 29,7 Milliounen, wat plus minus 1,2 Milliarden al Frangen ausmécht. Rechent een elo de Präis vun 78 Milliounen aus dem initiale Projet dobäi, esou kënnt een op déi imposant Zomm vun 107,7 Milliounen Euro, wat u sech 4 Milliarden an 345 Milliounen al Frangen ausmécht. Dat wier, an dat hoffe mer weinstens alleguerten heibannen, dann dee reelle Präis, deen d'Salle de concert kaschte géif.

Zum Projet selwer wier ze soen, datt en de 6. Dezember 2004 vum Bauminister, dem Här Claude Wiseler, hei an der Chamber dépo-

séiert gouf. De Conseil d'État huet dunn säin Avis de 17. Dezember 2004 ofginn; de 4. Januar 2005 huet d'Bautekommissioun vun der Chamber mech als Rapporteur bestëmmt, an an der gläicher Situatioun souwuel de Projet ewéi och den Avis vum Conseil d'État analyséiert.

De 16. Januar huet d'Kommissioun dunn op d'Demande hi vun der Madame Brasseur zesumme mat der Kulturkommissioun eng Visite des lieux gemaach, eng Visite, déi mat Sécherheet ganz interessant war, a fir all Bedeelegt séier opschlossräich war.

Mir krute vun de Fachleit Erklärungen zum Bau, zur Technik a firwat dat eent oder dat aner huet missen anescht gemaach ginn ewéi et am initiale Projet virgesi war. No der Visite ass dann an enger separater Sitzung och de Rapport adoptéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll elo kuerz d'Ursachen oplëschen, déi zum Surplus vun de Käschte gefouert hunn. Dat waren éischstens zousätzlech Uspréch vun den Utilisateuren, déi de groussen Auditorium betreffen, déi d'Salle acoustique betreffen, déi d'Büroen an d'Zon vun der Arrière-scène esou wéi den Équipe-ment technique ugin.

Zweetens, d'Partie architecturale. Do ass d'Verbinding vun der Salle de concert mam Parking de l'Europe nei definéiert ginn. Anstatt zwee Tunnellen ewéi am urspréngleche Projet virgesi war, gesäit de Projet elo nëmme méi een Tunnel vir. Eng zweet, méi eng kleng Coque zur Sait vum Boulevard J.F. Kennedy war net virgesinn, mä gëtt elo gebaut oder besser gesot ass scho gebaut ginn. Den Déambulateur public ass architektoneschemgeännert ginn.

Op Grond vun Tester hu 590 vun deenen 823 Pilieren, déi d'Ausfassad duerstellen, misse mat Amortisseurs à pendule intégrés ausgestatt ginn - dat, Här President, huet misse geschéie fir d'Vibratiounen an d'Schwankungen, déi duerch de Wand kommen, op e Minimum ze reduzéieren.

Elei bleift och nach ervirzehiewen, datt op Interventioun hi vun der Administration de l'Environnement eng duebel Verglasung huet missen installéiert ginn, anstatt enger einfacher, wéi se eigentlech am initiale Projet virgesi war. Obwuel Lëtzebuerg scho säit 1993 eng Wärmeschutzverordnung huet, déi eng duebel Verglasung u sech virschreift, war den Architekt laut eisen Informatiounen am urspréngleche Projet awer net bereet mat op dese Wee ze goen, an dat mam Argument d'Hellechkeet vum Gebai géif dorënner leiden.

E Bassin de rétention mat enger Capacitéit vun 48.000 Liter, deen net virgesi war, huet missen am Kader vun der Kommodosprozedur nogebaut ginn.

Nei zousätzlech Exigenzen am Kader vun der Akustik sinn dee véierte Punkt. Fir d'Transmissioun vu Geräischer ze vermeiden, huet missen de Parking a verschidden aner Raimlechkeeten vum Haaptgebai désolidariséiert ginn; eng Operatioun, déi mat Sécherheet och zu Méikäschte gefouert huet. Wéi dës Emännerungen an Neierungen sech elo a finanziell par corps de métier opdeelen, kënnt Dir am schrëftleche Rapport noliesen. Fakt ass, datt déi ganz Operatioun ewéi schonn uganks gesot 29,7 Milliounen Euro kascht.

#### **(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)**

De Conseil d'État sengersäits ass guer net averstane mat de Prozeduren a Praktiken ewéi hei virgaange ginn ass. E weist op aner Projeten hin, déi ähnlech gelagert sinn a bei deenen d'Remarqu vum Conseil d'État déiselwecht sinn.

Dofir zitéieren ech ee kuerze Passage aus dem Avis vum Conseil d'État: «Le Conseil d'État, s'il peut